# newsmag

GEMENG
SCHËFFLENG

**N 257 | OCTOBRE 2020**
**Bulletin bilingue**



# Index

## Eis Gemeng.
## Notre Commune.

**Awunner** | Habitants | 11.322
**Gesamtfläch** | Superficie | 771 Ha
**Personal** | Personnel | 259
**Fraen** | Femmes | 153
**Männer** | Hommes | 106

**Éditeur responsable**
Administration communale de Schifflange

**Rédaction**
Service des citoyens et de la communication

**Images et Illustrations**
Service des citoyens et de la communication | Tom Di Maggio

**Layout, Conception**
MOSKITO

**Impression**
Imprimerie Heintz

**Tirage**
4.800 exemplaires

**Virwuert vum Buergermeeschter** | Le mot du maire 06

## Retrospektiv | Rétrospective 08

Een Dag an der Natur 09
Exposition „Am Laf vun der Zäit" 10
Streikgedenkfeier 12
Ofschlossfeier vun de Summeraktivitéiten vum Jugendhaus 12
Pressekonferenz „Schëfflenger Konschthaus" 13
Aktivitéiten am Kader vun der Mobilitéitswoch 14
Éierung vun „eise" Sportler 16
Škoda Tour LuXembourg 18
Télévie 2020 – Scheckiwwerreechung 20
Journée européenne du patrimoine 21
Vernissage Stéphanie Uhres 22
Nei Mataarbechter | Nouveaux collaborateurs 23

## Neiegkeeten | Nouveautés 24

Rubrik „Schëffleng – gëschter an haut" 25
Programme „Schëfflenger Konschthaus" (Sept 2020 – Sept 2021) 26
Schifflingen verändert sich – Park rue de Drusenheim 27
Aktuelles von unseren Baustellen: „Gîte Minett-Trail" 28
Kräiderguart 30
Schoulsubsiden 31
Seniorenturnen am Club Haus beim Kiosk 31
Nei Offer vum Ruff-Bus 32
Avis aux citoyens 33

## Youth Mag

## Save the Date 34

## Verschiddenes | Divers 36

Présentatioun du Service ces citoyens et de la communication 37
Présentation des associations au service de la commune : AMCIS 40
Plan Communal d'Intégration 42
Présentation du projet Ferro Forum 46

## Gemengerotssëtzung | Réunion du Conseil communal 55

## Politik | Politique 56







**Paul Weimerskirch**
**Buergermeeschter** | Bourgmestre

**Léif Matbiergerinnen, Léif Matbierger,**

**LU — E Stéck Normalitéit ass zréck**
D'Summervakanz ass eriwwer. D'Schoul ass erëm un. Déi offiziell politesch Rentrée zeechent sech of. Allerdéngs woren déi lescht Méint net einfach. De Covid-19-Virus huet villes verännert! Homeschooling, Homeoffice a vill aner oder nei Situatiounen hunn eist Liewe changéiert, gepuert mat lëschtegen, awer och nodenkleche Momenter.

Och wa mir den Androck hunn, datt e Stéck Normalitéit zréck ass, wësse mir, datt de Virus ëmmer nach ënnert eis ass. Et bleift deemno dobäi: Sech selwer an anerer protegéieren! Gardons les bons réflexes.

Eis Gemeng muss sech op Neies astellen. Et ass nach net definitiv ofzegesinn, wéi et mat de Gemengefinanze weider geet. D'Virbereedunge fir de Budget 2021 lafen a mat „âme et conscience" definéiere mir eis zukënfteg Projeten an Investitiounen, mat un éischter Plaz de schouleschen Infrastrukturen an dem Aus- an Ëmbau vun eisem „Service des Régies", dem Gemengenatelier.

Et gëllt net just nei a flott Infrastrukturen ze bauen. Et geet och ëmmer nees drëm dofir ze suergen, datt eist Zesummeliewe, eise Matenee klappt. Mir sinn eng Gemeng mat bal 12 000 Awunner aus honnert verschidden Nationalitéite mat ënnerschiddleche Reliounen, Konfessiounen, Hautfaarwen, Beruffer, Jonker a manner Jonker ... alleguer si mir Bierger vun dëser Gemeng, vun eiser Communautéit, an där all Eenzelen déi selwecht Rechter a Flichten huet ...!

Allerdéngs wësse mir, datt et ëmmer nees Situatioune gëtt, wou sech Ongerechtegkeeten an Ongläichheete bemierkbar maachen. Et ass eis Aufgab dofir ze suergen, dës Hürden, dës Barrièren ofzebauen an nei Chancen a Perspektiven ze garantéieren. Dat wëlle mir resolut verbesseren an zwar op ënnerschiddlech Manéieren.

An dësem Sënn hu mir eis dem „Design4all" verschriwwen an zesumme mat ville Matbierger de „Plan Communal d'Intégration" (PCI) elaboréiert; dëst ënnert dem Impuls vun eisem Schäffe Marc Spautz. Et geet elo an deenen nächste Wochen ëm déi konkret Ëmsetzung vun dësem PCI. Et geet drëm weider Brécken ze bauen. Et geet drëm Versteesdemech an Toleranz ze weisen.

Merci all deenen, déi hei eng Hand mat upaken, datt „Integratioun" zu Schëffleng nach méi grouss geschriwwe gëtt. Der Equipe ronderëm de Schäffe Marc Spautz wënsche mir Bonne Chance.

**Chères concitoyennes, Chers concitoyens,**

**FR — Retour partiel à la normalité**
Les vacances d'été sont terminées. Les cours ont commencé. La rentrée politique officielle se profile à l'horizon. Cependant, ces derniers mois n'étaient pas faciles. Avec le virus du Covid-19, beaucoup a changé ! Enseignement à domicile, télétravail et bien d'autres situations en partie nouvelles ont changé notre vie, le tout émaillé de moments amusants, mais aussi de moments qui prêtent à réflexion.

Bien que nous ayons l'impression d'un retour partiel à la normalité, nous savons que le virus continue à circuler parmi nous. Il faut donc rester vigilant, en nous protégeant nous-mêmes et les autres ! Gardons les bons réflexes !

Notre commune doit se préparer à des changements. Pour l'heure, il est impossible de formuler des prévisions définitives sur l'évolution des finances communales. Cependant, la préparation du budget 2021 est en cours et c'est en bonne âme et conscience que nous définissons nos futurs projets et investissements, avec, en premier lieu, les infrastructures scolaires ainsi que la transformation et l'agrandissement de l'Atelier communal.

Toutefois, il ne suffit pas de construire de nouvelles infrastructures attrayantes. Il faut aussi veiller régulièrement à ce que la vie en commun, le vivre-ensemble fonctionne. Nous sommes une commune de près de 12 000 habitants qui, membres d'une centaine de nationalités différentes, se distinguent par leur religion, leur confession, la couleur de leur peau, leur profession ou encore leur âge… mais qui sont tous citoyens de cette commune, de notre communauté, où chacun a les mêmes droits et devoirs… !

Cependant, nous savons qu'il existe régulièrement des situations où injustices et inégalités se font sentir. Il est de notre devoir de veiller à surmonter ces obstacles, à enlever ces barrières et à garantir de nouvelles chances et de nouvelles perspectives. Nous voulons améliorer cette situation avec détermination et ceci de différentes manières.

C'est ainsi que nous nous sommes engagés à respecter le « Design4all » et que, sous l'impulsion de notre échevin Marc Spautz, nous avons élaboré, avec un grand nombre de concitoyens, le Plan Communal d'Intégration (PCI). Il s'agit, au cours des semaines à venir, de procéder à la mise en œuvre concrète de ce PCI. Il s'agit de continuer à jeter des ponts. Il s'agit de faire preuve de compréhension et de tolérance.

Merci à tous ceux qui contribuent à promouvoir davantage encore l'intégration à Schifflange. Nous souhaitons bonne chance à l'équipe qui s'est formée autour de l'échevin Marc Spautz.

# Retro-spektiv




**Am Kapitel Retrospektiv gi mir op déi verschidden Aktivitéiten an, déi an de leschte Woche vun der Gemeng organiséiert gi sinn.**

**Et kéint ee mengen e wier wéinst der Pandemie net vill gelaf, mee do iert een sech. Vill Aktivitéite waren dobaussen an déi sanitär Mesurë si streng respektéiert ginn. Een Highlight war natierlech d’Arrivée vum Škoda Tour LuXembourg, do war d’Duerf bal ze kleng.**

# Een Dag an der Natur: Trëppeltour mam Fieschter duerch eise Bësch

**DE** — Im Rahmen der Aktion „Een Dag an der Natur“ fand am 4. Juli eine lehrreiche Wanderung durch unseren Wald mit unserem Förster Daniel Sannipoli statt. Er erklärte sehr anschaulich den Zustand und die Probleme unseres Waldes und gab auch einen Ausblick, wie sich unser Wald in den kommenden Jahrzehnten verändern könnte. Er ging ferner auch auf die Gratwanderung zwischen Naturschutz und Naherholung mit und ohne Hunden sowie Mountainbikepisten ein. Die Führung war so interessant, dass bei den zahlreichen Teilnehmern, die auch aus ferneren Landesteilen angereist waren, die Zeit in Vergessenheit geraten war.

Die Wanderung wurde vom SUDD in Zusammenarbeit mit der Umweltkommission der Gemeinde Schifflingen organisiert.





# „Am Laf vun der Zäit"

## Ausstellung vun der Konschtsammlung aus der Gemeng Schëffleng
## Exposition de la collection des œuvres de la Commune de Schifflange





**LU** — Den 11. August 2020 huet a Presenz vum Buergermeeschter Paul Weimerskirch, de Schäffe Marc Spautz a Carlo Lecuit, esou wéi verschidde Memberen aus dem Gemengerot de Vernissage vun der Ausstellung „Am Laf vun der Zäit" am klenge Krees stattfonnt.

De Buergermeeschter Paul Weimerskirch ass op dat neit Konzept vum „Schëfflenger Konschthaus" agaangen. D'Galeristin d'Claudia D'Incà huet erkläert, wéi an de verschiddenen Tableaue vun de Kënschtler, déi historesch a sozial Entwécklung vu Schëffleng duergestallt gëtt. Et war fir d'Éischt, datt déi verschidde Wierker vun der Gemeng de Schëfflenger Bierger gewise gi sinn.

**FR —** La galerie « Schëfflenger Konschthaus » a ouvert ses portes aux public le 11 août 2020 en présence de Monsieur le bourgmestre Paul Weimerskirch, des échevins Marc Spautz et Carlo Lecuit et de certains membres du Conseil communal. Les œuvres de la commune qui en fait appartiennent à la collectivité schifflangeoise ont été exposées pour la première fois au grand public. L'objectif de cette exposition était de donner aux concitoyens la possibilité de voir ou revoir des œuvres auxquelles ils n'ont pas toujours accès.



Le bourgmestre Paul Weimerskirch a évoqué le nouveau concept de la galerie et la galeriste Claudia D'Incà a donné des explications sur les artistes ainsi que sur le développement historique et social qu'a traversé la Commune de Schifflange et repris dans les différents tableaux des artistes.

L'exposition était un véritable temps fort où les visiteurs pouvaient vivre des moments de détente notamment dans le cadre de « Vakanz doheem ».







# Streikgedenkfeier

## Aussergewéinlechen Dag an aussergewéinlechen Zäiten

**LU** — Den 31. August 2020 huet de Schäffen- a Gemengerot am klenge Krees den Affer vum Generalstreik vun 1942 geduecht. Och Vertrieder vun der LPPD, den Enrolés de force, dem SI an de Gewerkschafte ware bei der Kranznidderleeung beim Monument op der Fräiheetsplaz present. Um Punkt 18.00 Auer ass d'Sireen genau zu där Zäit gaangen, wéi virun 78 Joer d'Aarbechter zum Streik opgeruff gi sinn.

A senger Usprooch betount de Buergermeeschter Paul Weimerskirch, datt de Streikgedenkdag e Stéck Schéfflenger Geschicht ass, an een Deel vum Patrimoine vun der Gemeng Schéffleng, fir déi mir eis iwwer de Schäfferot eraus engagéieren an och erhale wëllen.

Zum Schluss geet de Buergermeeschter drop an, dass mir a Fridden a Wuelstand liewen, wuelwëssend awer och, datt den Asaz fir sozial Gerechtegkeet ni dierf noloossen, datt et ëmmer nees gëllt de Matenee vun Natiounen, Reliounen, Konfessiounen, Rassen a Kulturen ze stabiliséiere mat neie Brécken, déi et gëllt ze schloen.

Déi ganz Ried vum Här Buergermeeschter fannt Dir op eisem Site.

# Ofschlossfeier am Jugendhaus vun de Summeraktivitéiten

**LU** — Dëse Summer war anescht wei déi Summere virdrun. Wéinst Covid-19 sinn d'Aktivitéite vum Jugendhaus am Ausland ofgesot ginn an et sinn eng Rëtsch vun Aktivitéiten am Land ugebuede ginn. Wéi de Fotoreportage awer gewisen huet, war et e sportleche Programm, wou vill gelaacht a gegeckst ginn ass.

Den 18. September huet am klenge Krees eng Ofschlossfeier stattfonnt wou och schonns fir d'Joer 2021 geplangt ginn ass.





# Conférence de presse – «Schëfflenger Konschthaus»






**FR** _ Une conférence de presse s'est déroulée le 7 septembre 2020 pour inaugurer officiellement la galerie «Schëfflenger Konschthaus» en présentant son nouveau concept. Cela en présence du bourgmestre Paul Weimerskirch et des échevins Albert Kalmes, Marc Spautz et Carlo Lecuit, ainsi que de la presse locale et nationale.

À cette occasion, le bourgmestre Monsieur Weimerskirch, a reconnu que la culture sous toutes ses formes est utile et indispensable pour chacun. Elle offre une possibilité de s'évader, de se ressourcer et s'adresse aux personnes de tout âge et classe sociale. Avec le lancement de ce projet, la Commune de Schifflange veut inscrire son engagement envers la population.
Le bourgmestre Paul Weimerskirch précise que parmi les ambitions, sont inclus des ateliers pédagogiques, qui en relation avec chaque exposition seront organisés à destination des classes de la commune de l'enseignement fondamental, sous l'égide de la galeriste.

Dans un second temps, nous mettrons en œuvre des ateliers écoresponsables. Notre objectif est de sensibiliser le public à la cause du respect de l'environnement et par ce fait, adopter un comportement qui ait un impact positif sur la nature.

La galeriste Claudia D'Incà a présenté le programme des artistes qui commence avec une exposition de Stéphanie Uhres suivie par les artistes suivants : Peggy Dihé, Samuel Levy, Anne Lindner, Florence Hoffman, Patricia Lippert, Christian Neuman et Kevin B.

Un programme détaillé est présenté à la page 26.

**La galerie est ouverte au public du mardi au samedi inclus. Des visites guidées faites par la galeriste Claudia D'Incà peuvent se faire sur demande au numéro 621 63 83 93 ou par mail konschthaus@schifflange.lu.**

# Mobilitätswoche

## Begeisterte Radfahrer in Schifflingen unterwegs

**DE —** Die Region von Esch2022 – zu der neben Schifflingen noch 18 weitere Luxemburger und Französische Gemeinden gehören – hat viel zu bieten. Davon konnten sich Bürger und Besucher der Region während der sogenannten Mobilitätswoche, einer jährlich im September stattfindenden internationalen Sensibilisierungskampagne der Europäischen Kommission, überzeugen.

In Zusammenarbeit mit den Gemeinden rief Esch2022 für die Mobilitätswoche die Aktion „Eng spannend Juegd duerch de Süden" ins Leben - eine Fotorallye auf dem Fahrrad, bei der am Ende ein glücklicher Gewinner mit einem E-Bike nach Hause fahren durfte. Die Route der Rallye führte durch mehrere Gemeinden, in denen die Radler an schönen, touristischen Orten ein Foto schießen konnten. So machten viele an der Fotostation „beim Kräiderguart" im Brill in Schifflingen Halt, um dort ein Selfie zu schießen.



Fotostation „beim Kräiderguart"


Parking Day

Zudem machte Schifflingen während der Mobilitätswoche, auf Initiative von Esch2022 hin, beim sogenannten „Parking Day" mit - einem internationalen Aktionstag, an dem Parkplätze für Autos gesperrt werden und dadurch Platz für andere Aktivitäten entsteht. Diese Aktion soll zeigen, wie viel Lebensraum durch Autostellplätze verloren geht und wie dieser Raum stattdessen genutzt werden kann. In Schifflingen wurden für einen Tag gleich zwei Parkplätze gegenüber dem Gemeindehaus gesperrt. In enger Zusammenarbeit installierten das Jugendhaus und die Gemeinde dort eine Werkstatt für Fahrradreparaturen.

Dank dieser Aktionen fanden so einige Radfahrer während der Mobilitätswoche den Weg in die Esch2022-Region und nach Schifflingen. Dabei konnten sie sowohl die Region als auch ihre Begeisterung für aktive Mobilität neu entdecken.

Weiterhin fand im Rahmen der europäischen Mobilitätswoche in Zusammenarbeit mit der lokalen Umweltkommission am 19. September einer Fahrradtour statt. In der 21 km langen Route ging es von Schifflingen nach Bettemburg, Abweiler und wieder zurück nach Schifflingen.



# Semaine de la mobilité

## Des cyclistes enthousiastes en route pour Schifflange

**FR —** La région d'Esch2022 – qui comprend, outre Schifflange, 18 autres communes – a beaucoup à offrir. Les citoyens et les visiteurs de la région ont pu s'en convaincre lors de la semaine dite de la mobilité, une campagne de sensibilisation internationale annuelle de la Commission Européenne, en septembre.

En collaboration avec les municipalités, Esch2022 a lancé, pour la semaine de la mobilité, «Eng spannend Juegd duerch de Süden», un rallye photo à vélo où un heureux gagnant a pu rentrer chez lui avec un vélo électrique.

L'itinéraire du rallye a traversé plusieurs communes où les cyclistes pouvaient prendre en photo de beaux endroits touristiques. Ainsi, beaucoup se sont arrêtés à l'étape photo «au Kräiderguart» au Brill de Schifflange pour y prendre un selfie.

En outre, à l'initiative d'Esch2022, Schifflange a participé pendant la semaine de la mobilité au «Parking Day», une journée d'action internationale au cours de laquelle des places de stationnement sont fermées aux voitures, créant ainsi de la place pour d'autres projets. Cette action vise à montrer la quantité d'espace de vie perdue par les emplacements de voiture et comment cet espace pourrait être utilisé autrement. À Schifflange, pendant une journée, deux places de stationnement ont été réservées devant le CCAMR. En étroite collaboration, la Maison des jeunes et la Commune de Schifflange y ont installé un atelier de réparation de vélos. Grâce à cette action, certains cyclistes ont ainsi trouvé le chemin de la région d'Esch2022 et de Schifflange pendant la semaine de la mobilité. Ainsi, ils ont pu redécouvrir la région et renouer avec leur enthousiasme pour la mobilité active.

Le 19 septembre, la Commission de l'environnement a organisé un tour en vélo allant de Schifflange à Bettembourg et Abweiler pour, après 21 kilomètres, retourner de nouveau à Schifflange.



Radtour im Rahmen der Mobilitätswoche

# Felicitatiounen un „eis“ Sportler!

**LU — D’Gemeng Schëffleng ass besonnesch houfreg op de Kevin Geniets, de Ben Gastauer an de Jempy Drucker an dofir goufe si geéiert!**

Net méi spéit wéi e Méindeg, de 14. September 2020, huet de Buergermeeschter Paul Weimerskirch a Presenz vun de Schäffen Albert Kalmes, Carlo Lecuit a verschidde Memberen aus dem Gemengerot de Kevin Geniets geéiert, deen déi national Landesmeeschterschaft am Stroossevëlo gewonnen huet. Hien ass beim Vëlosclub LP07 lizenzéiert a konnt sech am Groupama-FDJ Trikot nach virum Bob Jungels duerchsetzen.

Gratuléiert krut awer och de Jempy Drucker fir seng 3. Plaz, déi hie mat op Schëffleng bruecht huet. Bei dëser Geleeënheet gouf och de Ben Gastauer honoréiert fir all seng Victoiren, déi hie scho konnt afueren.




Paul Weimerskirch (Buergermeeschter), Kevin Geniets



A senger Ried ass de Buergermeeschter Paul Weimerskirch op déi 100järeg Geschicht vum Vëlosclub zu Schëffleng agaangen, wat eng richteg Successtory ass. An dësem Veräin ass de Ben Gastauer grouss ginn an och den neie Champion Kevin Geniets ass hei lizenzéiert. Mam Jempy Drucker wunnt e weidere staarke Coureur aus der internationaler Vëloswelt an eiser Gemeng.

Weiderhi betount de Paul Weimerskirch, datt déi bestoend an nei Vëlospisten an a ronderëm Schëffleng zum Vëlofuere beim Akafen oder fir sportlech aktiv ze bleiwen invitéieren. Kleng a gréisser Vëlosrandonnéeë si méiglech, besonnesch, wann ee sech traut iwwer d'Grenze vu Schëffleng eraus ze trainéieren. Och de Mountainbiker fënnt flott ustrengend Plazen a kann d'Natur genéissen.



# Den 80ten „ŠKODA Tour LuXembourg“ war zu Schëffleng






Paul Weimerskirch (Buergermeeschter), John Degenkolb (Gewënner)

ŠKODA TOUR LUXEMBOURG

**LU** — Et huet een net schlecht gestaunt, wéi ee gesinn huet, wat déi Deeg virum 17. September zu Schëffleng virun der Gemeng alles gewuddert ginn ass. D'Arrivée vun der 3. Etapp „ŠKODA Tour LuXembourg“ ass am fréien Nomëtten zu Schëffleng ukomm. Déi drëtt Etapp ass vu Rosport op Schëffleng gaangen an d'Jongen haten eng 165 km an de Been, wéi si vun de Schëfflenger Leit mat groussem Applaus am Zentrum vu Schëffleng ukomm sinn. Et war eng spannend, sportlech fair Etapp, wou mat vill Power an Engagement déi vill Kilometere méiglech gi sinn.




Zum Schluss huet de Buergermeeschter Paul Weimerskirch de Vainqueure vun der Etapp häerzlech a mat engem Bouquet Blumme gratuléiert.

**Klassement:**
1. **Degenkolb John**, Lotto Soudal
2. **Grosu Eduard-Michael**, NIPPO DELKO One Provence
3. **Vanspeybrouck Pieter**, Circus - Wanty Gobert
4. **Janse van Rensburg**, Reinardt NTT Pro Cycling
5. **Gidich Yevgeniy**, Astana Pro Team
6. **Jensen August**, Riwal Securitas Cycling Team
7. **Capiot Amaury**, Sport Vlaanderen - Baloise
8. **Warlop Jordi**, Sport Vlaanderen - Baloise
9. **Naesen Lawrence**, AG2R La Mondiale
10. **Krieger Alexander**, Alpecin-Fenix





# Télévie 2020
## Scheckiwwerreechung











**LU** — D'Bierger vu Schëffleng hunn 2019 bis zum groussen Télévie Weekend 120.431,00 € gesammelt fir den Télévie z'ënnerstëtzen. Dono huet Télévie Schëffleng nach Sue vu Veräiner a Privatleit bis September 2020 gesammelt an iwwerweist um Télévie Dag 2020 ee Scheck vun 30.000,00 € a Präsenz vum Buergermeeschter Paul Weimerskirch, dem Comité vum Télévie an der Coordinatrice vum Télévie, dem Diane Wunsch.

Ee grousse MERCI all de Privatleit an de Veräiner, déi d'Kriibsfuerschung domat ënnerstëtzen.

Eng nei Equipe huet sech zu enger Asbl zesummegeschloen, fir datt den Asaz fir d'Kriibsfuerschung och weiderhi bestoe bleift.

# Journées européennes du patrimoine

**FR** _ Le 27 septembre 2020 un groupe joyeux de parents et d'enfants se sont donnés rendez-vous devant l'école de Rédange (France) pour s'embarquer dans le train en direction de Schifflange en écoutant attentivement un mélange d'histoire locale et de fiction sur le passé sombre et les procès de sorcellerie tenus dans la région.

La fin de l'histoire a été raconté dans une salle de classe de l'école Lydie Schmit de Schifflange et les participants ont pu se régaler de délicieux gâteaux préparés par le Centre socioculturel « le Sillon » de Boulange (France).



# Vernissage de l'exposition de Stéphanie Uhres

**FR** Le samedi 19 septembre 2020, le vernissage de l'exposition des œuvres de Stéphanie Uhres s'est déroulé en présence du Collège des bourgmestre et échevins, de l'artiste et de quelques membres du Conseil communal.

Stéphanie Uhres est une artiste très active au Luxembourg et en Allemagne. Elle a à son actif plusieurs participations au CAL (Luxembourg) et également au Berliner Kunstsalon (Allemagne).

Ses œuvres se trouvent en outre dans plusieurs collections privées et publiques tel que le « Lëtzebuerg City Museum ».

Les œuvres de Stéphanie Uhres ne peuvent laisser indifférent. Elles racontent la quotidienneté des êtres humains, occasionnellement des animaux. C'est le « vivant » qui caractérise la vie de nous tous, dans le présent ou dans nos mémoires. L'enfance, la nature, le jeu, tout est présent, dans une interprétation empreinte de légèreté et de calme.

Avec une exécution parfaite, détaillée au millimètre, elle arrive à dépasser l'aspect technique pour nous montrer des œuvres fluides. L'image semble s'être construite très naturellement et la toile n'est que support, pour accueillir le sujet sans interférer. On pourrait nommer cela « le silence juste ».

Nous vous invitons à découvrir ses œuvres lors de l'exposition qui sera accessible au public du samedi 19 septembre au samedi 17 octobre 2020 à la galerie « Schëfflenger Konschthaus », du mardi au samedi de 10 à 13 heures et de 14 à 18 heures.

Des visites guidées individuelles ou à groupes restreints sont possibles. Pour d'éventuelles réservations, s'adresser à la galeriste Claudia D'Incà via téléphone **+352 621 638 393** ou via email **konschthaus@schifflange.lu**.










## NEI MATAARBECHTER | NOUVEAUX COLLABORATEURS



**EDITA AGOVIC**

**Alter:**
47 Joer
**Equipe/Service:**
Service de Nettoyage
**Kontrakt:**
15. Juni 2020



**FIKRIJE AZEMI**


**Alter:**
35 Joer
**Equipe/Service:**
Service de Nettoyage
**Kontrakt:**
15. Juni 2020



**FLAVIA SEMEDO LOPES**

**Alter:**
45 Joer
**Equipe/Service:**
Service de Nettoyage
**Kontrakt:**
15. Juni 2020

# Neieg-keeten



**Am Kapitel Neiegkeete fannt Dir wéi ëmmer eise klenge Concours „Schëffleng – gëschter an haut!“, deen nach ëmmer vill Uklang bei de Bierger fënnt. Duerno beschreiwe mir am Artikel „Schifflingen verändert sich“ wat alles am Zentrum vu Schëffleng nei gebaut gëtt. Schëffleng mécht och beim Minett-Trail mat an eisen Waasserspäicher gëtt zu engem coole Gebai ëmgebaut.**

**An dësem Kapitel fannt Dir och e ganz interessante Programm vum “Schëfflenger Konschthaus“. Kommt laanscht kucken!**

# Schëffleng - gëschter an haut!

**LU** _ Säit 2019 proposéiere mir Iech dës Foto-Serie: Fotoen, Postkaarten an Affichen, déi eis un „déi gutt al Zäit" erënnere sollen. Wie weess nach, wéi d'Gemeng Schëffleng fréier ausgesinn huet?

Dës Rubrik ass net nëmmen eppes fir Nostalgiker an Historiker. Och déi Jonk, ob Hobbyfotograf oder Profi, kënne sech hei ameséieren.



Source: 1935 Deckenbrunnen Nels-Bromurite

## Fotoconcours

**De Prinzip ass ganz einfach:**

Kuckt Iech dës Foto vu fréier un, fannt eraus, wou se geknipst gouf a schéckt eis eng rezent Foto vun där selwechter Plaz (print oder digital) op scc@schifflange.lu eran. Dir kënnt eis se och gär selwer op d'Gemeng laanschtbréngen.

### Maacht mat an gewannt e klenge Präis!

An där leschter Ausgab hu mir nees vill flott Fotoen eragescheckt kritt a soe jidderengem, dee matgemaach huet e grousse Merci! De Gewënner ass de Patrick Schwarz, deen eis eng naturgetrei Foto vun der Näertzenger Strooss eragescheckt huet. **Him dofir e grousse Merci!**





1935



2020

# Programme 2020 – 2021 du «Schëfflenger Konschthaus»

**FR** — Avec le lancement de ce nouveau projet artistique, la Commune de Schifflange veut inscrire son engagement envers la population.

Nous avons envisagé de mettre en place une offre pour tous. Différents publics sont attendus : personne curieuse de découvrir le monde artistique sans prérequis ; personnes qui s'intéressent à l'art et fréquentent assidûment les expositions ; les jeunes des écoles de l'enseignement fondamental et leurs enseignants, etc.

Nous nous engageons à offrir une visibilité aux artistes professionnels luxembourgeois et internationaux actifs au sein du Grand-Duché du Luxembourg, toujours en quête d'un lieu d'exposition. Cela afin de les soutenir dans leur démarche et promouvoir leurs créations.

| ARTISTES | DATE |
|---|---|
| Stéphanie Uhres | 19.09 › 17.10.2020 |
| Peggy Dihé | 24.10 › 21.11.2020 |
| Samuel Levy | 28.11.2020 › 09.01.2021 |
| Anne Lindner | 16.01 › 17.02.2021 |
| Florence Hoffmann | 27.02 › 27.03.2021 |
| Patricia Lippert | 24.04 › 22.05.2021 |
| Christian Neuman | 05.06 › 10.07.2021 |
| Kevin B. | 18.09 › 16.10.2021 |

L'art est un langage pour tous, aussi nous voulons sensibiliser la population à l'apprendre, à le transmettre et à l'utiliser. Beaucoup de personnes qui n'ont pas eu accès à l'éducation artistique, ou tout simplement n'ont pas le temps de développer par eux-mêmes des prérequis sur l'art, auront la possibilité de trouver réponse à leurs questions.

Des artistes se sont engagés pleinement auprès de nous pour ce nouvel élan dans lequel nous avons investi énormément d'énergie et de moyens afin de proposer une offre culturelle professionnelle pour le programme de cette première année :



Nous vous invitons à la découverte des artistes à la galerie «Schëfflenger Konschthaus» qui sera accessible au public du mardi au samedi inclus, de **10 à 13 heures** et de **14 à 18 heures**.

Des visites guidées individuelles ou à groupes restreints sont possibles. Pour d'éventuelles réservations, s'adresser à la galeriste Claudia D'Incà via téléphone (**+352 621 638 393**) ou via email (**konschthaus@schifflange.lu**).




# Schifflingen verändert sich - Park rue de Drusenheim

## Réaménagement des alentours de la rue de Drusenheim et de la rue Aloyse Kayser

**FR** _ Depuis la construction de la nouvelle entrée en ville de Schifflange, la rue Aloyse Kayser est divisée en deux parties, reliées par une passerelle pour piétons. Le tronçon derrière la mairie étant aménagé avec le projet de la suppression des 3 passages à niveau, le tronçon côté Cactus nécessite un réaménagement des surfaces et une nouvelle organisation du trafic motorisé et piétonnier.

Le parking existant dans la rue Aloyse Kayser compte actuellement environ 45 places de stationnement. La chaussée a une largeur d'environ 6m et les places de stationnement de 2.50m x 5.00m. Le projet prévoit une nouvelle mise en place des emplacements de stationnement en gardant les trottoirs du même côté, mais par contre sans bordures et sur un niveau avec la chaussée, séparé par une file de pavé. Le nouveau parking aura une capacité de 46 places de stationnement (44 standard + 2 pour personne à mobilité réduite) avec les dimensions de 2,70m x 5m.

Le réaménagement du parking résultera à un apaisement du trafic et donc en une augmentation de la sécurité des citoyens.

Le long de la nouvelle entrée en ville (côté sud), les surfaces existantes des deux côtés seront aménagées en terre brute et avec des chemins provisoires. Le projet prévoit d'aménager les deux surfaces en parcs publics en installant du mobilier urbain, des espaces verts, des petites zones de rencontre et un éclairage public.

L'aménagement des deux parcs garantit aussi la liaison du centre avec la gare ferroviaire de Schifflange, la nouvelle placette et la petite terrasse du «Café an der Schmoett» aménagée avec ce projet, par des chemins stabilisés en pavés. En outre, les réseaux secs et la canalisation des eaux pluviales seront prolongés/renforcés sur tout le projet.

Afin d'augmenter la convivialité et l'attractivité du nouveau parking et des parcs publics, des arbres et des ilots de verdures seront plantés.

# Schifflingen liegt auch auf dem Minett-Trail


## Ein ehemaliger Wasserspeicher wird zur Schlafstätte



© Studio Jil Bentz & Hendrik Brinkmann

**DE** — Mit der Schaffung des Minett-Trails, der die elf Gemeinden des ProSud-Syndikats verbindet, entsteht ein Wanderweg auf dem die industrielle Vergangenheit und die landschaftliche Vielfalt des Südens besucht werden kann. Auf der rund 80 Kilometer langen Strecke entstehen 11 originelle und zum Teil etwas ausgefallene Übernachtungsmöglichkeiten. Darunter der Turm beim Märchenpark in Bettemburg, ein Eisenbahnwaggon in Petingen und das ehemalige Wasserreservoir auf dem „Schëfflenger Bierg“ um nur einige zu nennen.


Das ehemalige unterirdische Wasserbecken in Schifflingen, das sich neben dem Stade Jean Jacoby befindet, wird zu einer Herberge für 8 Personen umgebaut.





© Studio Jil Bentz & Hendrik Brinkmann

Der oberirdische Teil des bestehenden Wasserreservoirs bleibt als Zugang zum neuen Gîte bestehen. Hinter dem roten Gebäude entsteht eine Terrasse, die zum Picknicken und Verweilen einlädt, welche durch eine rote Wand mit Gesims von der Straße abgeschirmt wird und sich zum Wald hin öffnet. An gleicher Stelle endet unterirdisch der kreisrunde Raum des ehemaligen Wasserbeckens. Über den dreieckigen Treppenkörper ergibt sich eine Aussicht in Richtung „Planéitepad" und in entgegengesetzer Richtung ein toller Ausblick auf Schifflingen. Darunter befindet sich der Zugang zum ehemaligen Wasserbecken.





© Studio Jil Bentz & Hendrik Brinkmann

Im Untergeschoss angekommen, teilt ein aufgezogenes Dreieck den Kreis in mehrere Bereiche: Zwischen Kreis und Dreieck entsteht ein Lichthof mit Wasserfläche und vier Schlafnischen, während sich innerhalb des Dreieckes Aufenthaltsbereiche sammeln. Durch eine große Wandverglasung strömt das Tageslicht in den unterirdischen Raum.

**Eine Gelegenheit, die man sich nicht entgehen lassen soll.**

Der Beginn der Umbauarbeiten ist für Anfang 2021 vorgesehen, die Pläne sind vom Architektenbüro „Studio Jil Bentz & Hendrik Brinkmann" gezeichnet.



# Neue Broschüre zum „Kräutergarten Beim Brill“

**DE** — Der große öffentliche Heilkräutergarten der Gemeinde liegt unterhalb der Gemeindeateliers in der Hedinger Straße, umgeben vom Gemeindebongert und zwei Weihern. Die Gartenanlage, die in Zusammenarbeit mit dem SICONA angefertigt wurde, besteht aus zwölf Beeten von je rund 50 Quadratmetern.

Eine detaillierte Broschüre gibt nun einen Einblick in die Entwicklung der Kräuterheilkunde im Allgemeinen und über die thematischen Beete im Besonderen.

Kostenlos erhältlich ist diese lehrreiche, kommunale Publikation im Eingangsbereich (Rezeption) der Gemeinde, sowie im Amt für Urbanismus und nachhaltige Entwicklung (14, Liberationsstraße) oder durch Anfrage unter sudd@schifflange.lu.

Wir wünschen Ihnen ein angenehmes Lesevergnügen und einen lehrreichen, anschließenden Aufenthalt im Brill.



# youthmag



Fir Kanner a Jugendlecher.

Dës 8 Säiten kënn Dir erausrappen!


| | |
|---|---|
| Activités du JH Schëffleng | 02 |
| Colonie et activités SNJ | 03 |
| Suite Naturmusée (suite 3) + Pandaclub | 04 |
| Agence nationale pour l’information des jeunes | 06 |
| Formation Babysitter | 07 |
| Sk8ing Girls Extended | 09 |
| Reportage vun den Studenten | 10 |


GEMENG SCHËFFLENG

# Aktivi-téiten

## Natursportlech- an Erliefnespedagogesche Projet 2020 vum Schëfflenger Jugendhaus

**LU** — Fielskloter- a Vélosprojet 2020: vum **31.10 – 08.11.** fuere mir zesummen an d'Provence a schaffen un eiser Klotertechnik, doniewent steet Vélofueren an eng Wanderung mat enger Iwwernuechtung dobaussen um Programm. Et brauch ee keng Virkenntnisser ze hunn, fir kënnen um Workshop deelzehuelen.

**Participatiounskäschten: 100 €**
**Umelle muss ee sech bis den 10.10.2020**
**beim jacques.welter@schefflenger-jugendhaus.lu**
**oder patrick.deoliveira@youth.lu**
**oder um 691 25 01 05 | 26 53 08 50**

Schëfflenger Jugendhaus

mäin ZUKUNFTSDIPLOM







# Walk-ins und Workshops im Makerspace Base1 - Forum Geesseknäppchen




Im Makerspace Base1 können Kinder und Jugendliche zwischen 8 und 30 Jahren während des Walk-in ihre eigenen Projekte mit Hilfe neuer Technologien umsetzen. Den Kindern und Jugendlichen stehen Softwares und Geräte wie 3D-Drucker, T-Shirt-Presse, Nähmaschinen, Laptops, Handwerkzeug und vieles mehr zur Verfügung. **Von Dienstag bis Freitag von 12.30 bis 18.30 werden sie von jeweils zwei Coaches unterstützt.**

Des Weiteren können Gruppen bis 12 Teilnehmer einen Workshop buchen. Die Workshops behandeln unterschiedlichen Themen wie zum Beispiel 3D Druck, Coding, Design und Elektronik. Die Liste der Workshops sind auf unserer Webseite www.base1.lu zu finden.

**Kontakt: Cathy.zimmer@snj.lu | (+352) 247-76453**

# Hierschtkolonie vum 1.-7.11.2020 zu Lëltz

**Alter 13-15 Joer**
**Präis: 236 €**

„De Summer ass eriwwer, dobausse gëtt et méi kal… mee dat heescht net, datt de Spaass een Enn muss hunn.

Hutt dir Loscht op een onvergiesslecht Erliefnis am schéine Lëltz beim Stauséi? Da sidd dir hei genau richteg. Kanu fueren, Spiller am Bësch, Ausflich op aner schéi Plazen, sinn nëmmen e puer vun d eene ville flotte Saachen, déi mer hei zesummen erliewen wäerten. Pak der eng gutt Portioun Spaass an deng Valise a maach dech prett fir d'Hierschtkolonie. Mir freeën eis op dech."


# „Action am Mëllerdall" vum 1.-6.11.2020 am Mëllerdall



**Alter 9-12 Joer**
**Präis: 219 €**

„Du wëlls eng onvergiesslech Woch am Mëllerdall verbréngen? Du bass fit um Vëlo, hues Loscht mat neien oder ale Frënn sportlech a méi relax Aktivitéiten z'erliewen an an dräi verschiddene Jugendherbergen ze schlofen? Dann ass dat hei eppes fir dech! Mir freeën eis drop, mat dir de Mëllerdall z'entdecken!"

**Umeldung op http://agenda.snj.lu**



# Natur Musée a Panda-Club

**LU _ Léif Kanner, haut kënnt Dir dee leschten Deel vun der Serie iwwert de „Musée d'histoire naturelle“ liesen … mir wënschen iech vill Freed beim Liesen!**

## Mir sinn all Stärestëbs

Wann s de nach méi wäit an d‘Zäit zréck wëlls reesen, kënns de net laanscht de leschte Sall vun den neien Ausstellungen. Hei geet et zréck bei de Big Bang a bei d’Entsteeung vum Universum, de Galaxien an de Stäresystemer. Och onst Sonnesystem mat senge Planéiten huet sech aus Stëbs entwéckelt, dee bei enger Stärenexplosioun entstanen ass. Mir sinn also all Stärestëbs. A wanns de schonns vergiess hues, wéi aus Stëbs e Planéit kann entstoen (kuck Sall 2), da bréngt déi grouss Rutsch dech ruckzuck zréck un den Ufank vun der Visite an du kanns de ganzen Tour nach eng Kéier maachen.

Bestëmmt hues de schonns dovunner héieren, datt Lëtzebuerg sech elo ganz vill an der Asteroidefuerschung engagéiert, fir an e puer Joer op esou Asteroiden no wäertvolle Stoffen ze sichen. De Musée stellt an dësem Sall seng Meteoritesammlung aus.



**Mir wëllen iech awer och eng nei Aktivitéit vum Musée virstellen an zwar de „Panda-Club".**

**De Panda-Club vum „natur musée" bitt supercool Natur- a Fräizäitaktivitéite fir jonk Leit an den Altersgruppen 6-8 an 9-10 Joer un.**

**Wéini sinn eis Aktivitéiten?**
- an der Schoulzäit: dënschdes an donneschdes nomëttes
- an der Vakanz: all Dag, weekends

**Eis Publikatiounen:**
D'Panda-Club Membere kréie gratis dës Publikatioune geschéckt:
- 6 x am Joer de Panda-News (do fënns du de geneeë Programm vun allen Aktivitéiten)
- 4 x am Joer de Panewippchen (déi flott Zeitung vum Panda-Club)




**Wat gëtt gebueden?**
- Déieren a Planze kenneléieren
- Mat der Lupp oder Nuetssiichtgerät Wisen, Weieren, Hielen erfuerschen
- Ausflich an d'Natur mat Mountainbike, Katamaran, Seegelboot, Biergschong, Päerd
- Praktesch Aarbechten um Terrain: Beem planzen, Steng klappen, Weier uleeën
- Schaffe mat der Lupp oder dem Mikroskop
- E Champignon, e Schlappendéierchen, e Mineral, eng Waasserdrëps vu ganz no kucken
- Zeechnen, bastelen, bestëmmen
- Am Leem oder am Deeg triwwelen, Viz maachen…
- Naturspiller, Rallyen an Naturfilmer
- Allerhand Reesen: Camps Nature, Auslandsreesen, Naturschutzgebidder, Zoo a Parken

**Wou sinn eis Aktivitéiten?**
Eis Aktivitéite sinn am
- „natur musée"
- „Galileo Science Mobil"

**Ze al fir an de Panda-Club ?**
Bass du ze al fir d'Aktivitéite vum Panda-Club (méi al wéi 10 Joer), da kuck dir mol d'Aktivitéite vum Science Club un.

De Science Club bitt flott Fräizäitaktivitéiten fir Jonker tëschent 11 an 18 Joer.




# Agence nationale pour l'information des jeunes

## Presentatioun vum neie Site mat Infoe fir Jonker

**LU** — D'Agence Nationale pour l'Information des Jeunes (ANIJ) huet en neie Site op Däitsch a Franséisch lancéiert, fir Jonker tëscht 12 an 30 Joer fiabel an objektiv z'informéieren. Jugendinfo.lu ass a 6 verschidde Rubricken opgedeelt: Educatioun, Aarbecht, Engagement, Wunnen, Gesondheet an alldeeglecht Liewen.

Donieft gëtt et och en Agenda mat flotten Evenementer wou s du Iddie fënns, wat s du zum Beispill weekends kanns mat denge Kolleegen ënnerhuelen. Falls du grad e Stage, Studenten- oder Vakanzenjob sichs, bass du an der Rubrik „Aarbecht" genau richteg! D'Entreprisë kënnen hei hir Offere fir Vakanzenjobs, Studentenjobs a Stagë publizéieren.

Ausserdeem stinn d'Mataarbechter vun der ANIJ och prett, fir dir deng Froen iwwer Live Chat ze beäntweren. Dobäi kanns du anonym bleiwen an eng Äntwert op deng Fro kréien, ouni dech mussen dofir ze deplacéieren.

Zéck net a géi luussen!

## Jugendinfo.lu : un nouveau site avec des infos pour les jeunes

**FR** — L'Agence Nationale pour l'Information des Jeunes (ANIJ) a lancé un nouveau site avec des informations objectives et fiables en français et allemand. Le site s'adressant aux jeunes entre 12 et 30 ans dispose de 6 rubriques : éducation, emploi, engagement, logement, santé et vie quotidienne.

Dans l'agenda tu trouves des événements intéressants (tellement utile si tu n'as pas encore d'idée de ce que tu veux faire avec tes amis pendant le weekend). Tu es à la recherche d'un stage, job vacances ou job étudiant ? Alors découvre la rubrique « emploi ». Les entreprises publient leurs offres de jobs vacances, jobs étudiants et de stages.

De plus, les agents de l'ANIJ sont prêts à répondre à tes questions sur le live chat. Tu peux rester anonyme et tu reçois une réponse à tes questions sans devoir te déplacer.

N'attends pas et va jeter un coup d'œil !

**Stay informed! „Jugendinfolu" fënns du och op Instagram a Facebook.**
**Stay informed ! Tu trouves « Jugendinfolu » sur Instagram et Facebook.**

# Babysitterformatioun
# Formation Babysitter

Duerch de Covid-19 konnten eis Babysitterformatiounen am Mäerz an Abrëll 2020 leider net stattfannen. Ënnert den aktuelle sanitäre Bedingunge starte mir en neie Versuch a proposéieren iech folgend Datumer:

**Formation Babysitting (FR)**
**10.10 & 17.10 | 09.00 – 12.30**
**Babysitterformatioun (LU)**
**24.10 & 31.10 | 09.00 – 12.30**

**Zilgrupp** | groupe cible: 15-30 **joer** | ans
**Präis** | Prix: 10€ **Schüler a Studenten** | étudiants
20€ **aner Interesséierter** | autres intéressés

**Aschreiwungsformular** | Fiche d'inscription
Schéckt eis de Formular wgl. ausgefëllt an ënnerschriwwen un d'Gemeng Schëffleng – Service des citoyens et de la communication.
Merci de renvoyer la fiche d'inscription dûment remplie et signée à l'Administration communale de Schifflange – Service des citoyens et de la communication:

**scc@schifflange.lu oder** | ou **B.P.11 L-3801 Schifflange**

**Kontakt** | contact:
Service des citoyens et de la communication
Madame Nickie LIPPERT
**54 50 61 – 316 | scc@schifflange.lu**

## Aschreiwung | Inscription

☐ formation française
☐ lëtzebuergesch Formatioun

**Schüler** | Student:
☐ **jo** | oui ☐ **nee** | non

**Schéck eis wgl. am Virfeld eng Kopie vun denger Carte d'identité an denger Schülerkaart.**
Prière de nous envoyer une copie de ta carte d'identité et de ta carte d'étudiant.

**Numm, Virnumm** | Nom, Prénom: ..................
**Adress** | Adresse: ..................
**PLZ** | CP: .................. Uertschaft | Lieu: ..................
**Gebuertsdatum** | Date de naissance: ..................
E-mail: .................. **Tel.** | Tél.: ..................

**Fir Jonker ënnert 18 Joer** | Pour les mineurs:

**Numm vum Erzéiungsberechtegten** | Nom du titulaire: ..................
**Tel. vum Erzéiungsberechtegten** | Contact du titulaire: ..................



# Kids in save Hands.

Timbre

**Gemeng Schëffleng**
Service des citoyens et de la communication
B.P. 11 | L-3801 Schëffleng

D'Gemeng Schëffleng dierf meng Donnéeë benotze fir mech zukünfteg iwwert Aktivitéiten, déi fir meng Alterskategorie organiséiert ginn, z'informéieren. | Je donne l'autorisation à l'Administration communale de Schifflange d'utiliser mes données du présent formulaire pour m'informer sur des activités organisées dans le futur.

D'Gemeng Schëffleng huet d'Recht all Fotoen an/oder Videoen, déi am Kader vun de Babysitterformatioune gemaach ginn, ze veröffentlechen. | Toute participation donne explicitement l'autorisation à la Commune de Schifflange de photographier et de publier les photos et/ou les vidéos prises dans le cadre des formations «Babysitting».




# «Sk8ing Girls Extended» - digital Versioun 2020

## LU _ Dëst Joer geet Sk8ing Girls Extended online! Sief och du dobäi!

Am Kader vum „Internationale Meederchersdag“ den 11. Oktober organiséieren d‘Gemengen Esch a Schëffleng mat de Jugendhaiser vun Esch, Schëffleng, Käl/Téiteng, Reckeng a Rëmeleng de „Sk8ing Girls Extended“. Wéinst dem COVID-19 kënne mir dëst Joer nëmmen eng digital Versioun vum „Sk8ing Girls Extended“ proposéieren.

Vum 11. Oktober 2020 un wäerte mir verschidde Filmer an Teaseren op eiser FB Säit posten:
https://www.facebook.com/sk8inggirlsextended/
Zil vum „Sk8ing Girls and More“ ass et d’Meedercher z’encouragéieren hir Talenter z’entwéckelen a géint Virurteeler ze kämpfen. Mir wëlle mat eiser Aktioun och drun erënneren, datt Chancëgläichheet nach laang keng Selbstverständlechkeet am Alldag ass.

An deene verschiddene Videoe gesitt dir cool Aktivitéiten, alles vu Meedercher realiséiert.

**Vill Spaass beim Kucken!**

**#internationale Meederchersdag #11.Oktober #skating #challenges**



# D'Gemeng Schëffleng bitt d'Studentenjobs un!

**Dir hutt villäicht an der Lescht jonk Leit gesinn, déi ganz fläisseg duerch Schëffleng ginn a kucken, datt d'Tréttoire blëtz blank sinn!**

**All Joer stellt d'Gemeng Schëffleng eng 60 Studenten an, déi da fir 3 Wochen op d'Gemeng schaffe kommen. Si gi virun allem an der Botzequipe agestallt an hëllefen d'Schoulrentrée virzebereeden.**

**Mir hunn e klenge Reportage iwwert d'Studente gemaach, déi am Laf vun dem Summer op der Gemeng schaffen a si gefrot, wat hir Motivatioun ass fir schaffen ze goen a wat si iwwert hiren Job denken.**

Den Tom schafft an der Botzequipe, hien huet 17 Joer a geet an de Lycée des garçons zu Esch. D'Suen, déi hie mam Job op der Gemeng verdéngt, wëll hie spuere fir sech spéider een Auto kënnen ze kafen. Hie sot eis, datt hien ni geduecht hätt, datt et esou vill Aarbecht wier eng Gemeng propper ze halen. Hie wëll d'Leit motivéieren an hinnen e gudde Rot ginn fir fënnef Schrëtt méi wäit ze goen an dann den Offall an d'Dreckskëscht ze geheien .... dat géif natierlech scho vill hëllefen!





D'Tanja, 18 Joer schafft och an der Botzequipe an hatt wëll d'nächst Joer och nach eng Kéier op d'Gemeng schaffe kommen. D'Sue ginn och hei gespuert fir sech spéider een Auto kënnen ze kafen. Säin Dramjob ass d'Aarbecht op der Gemeng elo net, d'Tanja wëll léiwer eppes mat Kanner maachen.



D'Julie, d'Catharina, de Louis an den Arlind hëllefe mat d'Rentrée ze preparéieren. Si mussen d'Schoulbicher sortéiere fir datt déi an déi richteg Schoul a bei dee richtegen Titulaire an déi richteg Klass kommen. Et gesäit een direkt, datt sech déi Véier gutt ënnert enee verstinn an et mierkt een, datt d'Julie Leaderkompetenzen huet. Ënnert senger Regie funktionéiert dat Getässels prima. Och si spuere fir spéider een Auto, de Louis wëll an engem Joer studéiere goen a leet seng Sue schonns dofir op d'Säit.



Et ass net ze verkennen, datt de Fabio an de Fabrice Geschwëster sinn. Fir si ass et déi éischte Kéier, datt si en Job op der Gemeng hunn. Si schaffen och an der Botzequipe a ginn all Dag de Skatepark propper maachen. Eigentlech si si zimmlech erstaunt, datt all Mueres do esouvill Knascht an Dreck läit a si fannen, datt d'Leit net vill Respekt hunn. Et wier dach net schwéier fir alles an d'Poubelle ze geheien!

De Fabio an de Fabrice fänken all mueres un an nieft dem Skatepark, hëllefe si och den Hall Polyvalent propper ze maachen, dat geet vun der Beliichtung bis op d'Muddere vun de Still uschrauwen an de Knetsch mat der Spartel vum Buedem krazen. Och si zwee spuere fir spéider de Fürerschäin ze maachen...

Hire Responsabel sot, si wiere ganz zouverlässeg a fläisseg an et kéint ee sech zu 100% op si verloossen.

**Si all fannen, datt d'Gemeng ee gudde Patron ass a si géifen d'nächst Joer erëm gären zréck kommen, fir datt hiren Dram vun engem eegenen Auto méi reell gëtt.**

**E bëssen erstaunlech just an engem Land, an deem den ëffentlechenTransport gutt organiséiert a gratis ass…**



**B.P. 11 Avenue de la Libération**
**L-3801**

info@schifflange.lu
**www.schifflange.lu**

# Subside Scolaire

**FR** _ Les élèves de résidence à Schifflange ont droit à l'allocation d'un subside scolaire. La condition de résidence doit être établie au 15 juillet de l'année en question. Les élèves doivent fréquenter un établissement post primaire. Les élèves qui sont demandeurs de l'allocation d'un subside, doivent présenter une pièce certifiée par leur établissement scolaire, qu'ils ont accompli avec succès, l'année scolaire écoulée. Les étudiants fréquentant une université à l'étranger et qui n'auraient pas d'examen à passer en fin d'année, doivent présenter un certificat de réinscription au prochain semestre. Tous les demandeurs doivent indiquer leur adresse et numéro de compte en banque.

La date limite pour la présentation des certificats est le 15 novembre. Toute requête présentée au-delà de cette date, ne saurait être prise en considération. Les certificats sont à remettre au Service scolaire de la Commune de Schifflange (40, rue de l'église L-3833 Schifflange, Contact: 54 50 61-422/425).

Montants applicables:
- 70€ pour les élèves de l'enseignement secondaire ou secondaire générale
- 240€ pour les étudiants fréquentant une université ou d'autres établissements d'études supérieures reconnues comme telles par le Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche





# Seniorenturnen – Bleift aktiv

**LU** _ Och eis eeler Biergerinne wëllen aktiv a fit am Liewe bleiwen. Dofir treffe si sech all Dënschdeg vu 15.30 bis 16.20 Auer am Turnsall vun der Lydie Schmit-Schoul fir sech ënnert der Leedung vum Myriam Sagramola mat spezifeschen an hirem Alter ugepassten Übungen ze beweegen. Et gëtt kee gestresst oder forcéiert, NEEN jidderee mécht no sengem Rhythmus an no senge Méiglechkeete mat. Freed um Sport gëtt an eiser Ronn grouss geschriwwen an dofir gëtt och ganz vill zesumme gelaacht.

Wéi Dir op der Foto gesitt, si mär momentan e renge Fraegrupp. Mär géifen eis awer freeën, deemnächst och e puer Hären an eiser flotter a lëschteger Ronn begréissen ze kënnen. Dofir hei e klengen Opruff un eis Härewelt: Kommt, kuckt lech et un a maacht einfach mat!

Mär ginn lech Rendezvous ab dënschdes den 29. September 2020 um 15.30 Auer am Turnsall vun der Lydie Schmit-Schoul.

Wann Dir nach weider Froen hutt, dann zéckt net a rufft d'Myriam Sagramola op der Telefonsnummer 621 767 538 un oder schéckt him eng Mail op: myriam.sagramola@live.com.




FR _

# Offre élargie !

**LE « RUFF-BUS » ENTRE DANS UNE NOUVELLE PHASE DE TEST**

**A partir du 01.09.2020 le « Ruff-Bus » circule tous les jours (sauf les samedis), également pendant la pause de midi 12:00 – 14:00 hrs.**

DE _

# Erweitertes Angebot!

**DER „RUFF-BUS" STARTET IN EINE WEITERE TESTPHASE**

**Ab dem 01.09.2020 fährt der „Ruff-Bus" jeden Tag (außer samstags), auch während der Mittagsstunde von 12 – 14 Uhr.**



FR _

# Avis aux citoyens de Schifflange

**Par la présente, nous vous informons que les sacs bleus « PMC » ne peuvent être sortis que la veille de la collecte des poubelles, c.à.d. au plus tôt le lundi soir.**

**En comptant sur votre collaboration et votre compréhension, nous vous prions d'agréer, Mesdames, Messieurs, l'expression de nos sentiments distingués.**

DE _

# Mitteilung an die Bürger der Gemeinde Schifflingen

**Hiermit möchten wir den Einwohnern mitteilen, dass der blaue „PMC" Sack erst am Vortag der Müllsammlung, also frühestens am Montagabend, herausgelegt werden darf.**

**Wir bedanken uns für Ihre Mitarbeit und Ihr Verständnis.**

Le Collège échevinal | Der Schöffenrat

**M. Paul Weimerskirch, Bürgermeister | M. Albert Kalmes, Schöffen**
**M. Marc Spautz, Schöffen | M. Carlo Lecuit, Schöffen**

# Save the Date



**Am „Save the date" hunn mir all déi verschidden Datumer opgelëscht, wou an de nächste Méint eng lass ass, dat awer nëmmen, wann d'Situatioun sanitär et erlaabt.**

11.10.2020

## Sk8ing Girls Extended

Version digitale consulter FB
https://www.facebook.com/sk8inggirlsextended/

12.10.2020 | 8h00 – 12h00

## Grousse Moart

Place de la Liberté

24.10.2020

## Nohaltegkeetsdag

Schifflange s'engage pour un développement durable
Des informations plus précises suivront dans les meilleurs délais

24.10. - 21.11.2020

## Schëfflenger Konschthaus: Les Silences

Exposition de l'artiste Peggy Dihé



28.10.2020 | 19h00 – 21h00

## Club Haus beim Kiosk

Gesunde Ernährung: „Der Mensch ist, was er isst – ist da was dran?"
Anmeldung beim Club Haus
bis 23.10.2020 (26 54 04 92 oder beimkiosk@clubhaus.lu)

04.11.2020 | 14h00

## Club Haus beim Kiosk

Elektrosmog: Wie entsteht Elektrosmog und welche Arten von Felder wirken auf uns ein?
Anmeldung beim Club Haus
bis 31.10.20 (26 54 04 92 oder beimkiosk@clubhaus.lu)

09.11.2020 | 8h00 – 12h00

## Grousse Moart

Place de la Liberté



21.11. - 22.11.2020

## Hobbymoart

Entdeckt d'Stänn (vun eisen Hobbykënschtler) an der Liberatiounsstrooss.

25.11. - 12.12.2020

## „Orange Week"

Keng Gewalt géint Fraen a Meedercher - méi Informatioune spéider op eisem Site

28.11.2020 - 09.01.2021

## Schëfflenger Konschthaus: I have a dream one day

Exposition de l'artiste Samuel Levy




## Liesen deet gutt!

De Bicherbus kënnt folgend Deeg op Schëffleng:
**23. September, 14. Oktober, 11. November an 2. Dezember jeeweils vun 8.50 bis 9.20 Auer**

Hei fannt Dir Bicher op Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch an Englesch.
Dir fannt de Bus um Busarrêt an der Rue Albert Wingert.

# Verschid-denes



**An dësem Kapitel präsentéiere mir ëmmer ee Service vun eiser Gemeng, an dës Kéier stelle mir de Service des citoyens et de la communication vir.**

**Mir hunn och eng nei Rubrik ugefaangen an där mir elo an all Editioun eng Associatioun virstellen, déi am Déngscht vun der Gemeng ass, an dësem Newsmag ass et d'AMCIS. Zu gudder Lescht gitt Dir eppes iwwert de „Plan Communal d'Intégratioun" op der Säit 42 gewuer: Eng interessant Analys iwwert d'Zesummeliewen zu Schëffleng.**

# Service des citoyens et de la communication

**LU _ An all Ausgab vun eisem Newsmag stelle mir Iech elo scho säit enger Zäitchen ëmmer en anere Service aus eiser Gemeng vir. Mee wie stécht iwwerhaapt hannert deem „mir“? Wie schreift de Gros vun den Texter, deen Dir am Gemengebuet liest? Majo dëst ass d'Aufgab vum „Service des citoyens et de la communication“. An dësem Artikel gitt Dir gewuer, wat „mir“ nieft der Redaktioun vum Bulletin communal soss nach alles maachen.**




De Service des citoyens et de la communication (ofgekierzt „SCC“) ass - wéi den Numm et scho seet - zoustänneg fir d'Kommunikatioun vun der Gemeng un d'Bierger dobaussen. An dat an alle Formen, sief et per Telefon, Publikatiounen, nei technologesch Medien oder perséinleche Kontakt: di wichteg Matdeelunge mussen eraus un de Mann an d'Fra vu Schëffleng.

E groussen Deel ass also klassesch Redaktiounsaarbecht. Di verschidde Publikatiounen, wéi „Eisen Newsmag“, de Schoulbuet, den Aktivitéiteplang fir d'Jugend oder d'Schëfflenger Konschthaus an all aner Zort vun Deplianten a Broschüren, déi am Laf vum Joer erauskommen, ginn am hënneschte Büro um zweete Stack vum Gemengenhaus preparéiert. Dëst am enke Kontakt mam Schäfferot, deenen zoustännege Servicer, dem Grafiker an der Dréckerei. Och ëm d'Rapporte vun de Gemengerotssëtzungen, d'Visittekaarten, d'Badgen an d'Gadgetë mam Gemengelogo gëtt sech gekëmmert.

Wann eng Info eraus muss, wandelt den SCC se an déi néideg Sproochen ëm a verdeelt se, ofhängeg vun deem wat usteet, via di wichtegst Kanäl, déi der Gemeng zur Verfügung stinn: um Internetsite www.schifflange.lu, per sms2citizen, op eiser grousser Info-Tafel op der Gemengeplaz, eventuell per Flyer oder Bréif als „toutes boîtes“ a ganz rezent op Facebook an Instagram. Och de Lien zu der Press (Radio, Zeitung, Télé) an zu de Schëfflenger Veräiner gëtt vum SCC assuréiert.

E grousse Bestanddeel vun eiser Aarbecht sinn och d'Evenementer an Zeremonien, déi mir an Zesummenaarbecht mat deene respektive Kommissiounen organiséieren: vum Schëfflenger Fest, dem Hobbymoart, der Nuit du Sport bis zu de Sensibiliséierungsdeeg fir d'Schoulkanner, divers Concerten, d'Fréijorsbotz an den Aweiunge vun neie Säll – zu Schëffleng gëtt et ni langweileg an eisem Büro och net.



## Myriam Putzeys

**Myriam Putzeys, säit Februar 2019 ass aus zwee klenge Servicer ee mi grousse ginn. Wat kënnt Dir als Chef de service zu dëser Fusioun soen?**
Effektiv hu mir aus de Servicer „Relations publiques“ an „Egalité des chances et Jeunesse“ d'Personal an d'Missioune gebündelt an doraus den Service des citoyens et de la communication (SCC) kreéiert, well et Sënn mécht méi einfach a besser zesummen ze schaffen. Et gëtt elo een Haaptservice, deen sech ëm d'Veranstaltungen an hir Promotioun këmmert: dozou gehéieren och d'Babysitterformatiounen, d'Jugendeventer a Kollaboratioun mat der Maison des jeunes, de Reseau vun der Groussregioun an der Chancëgläichheet tëscht Fra a Mann.

Mir ass et wichteg, datt jiddereen aus eiser Ekipp sech realiséiere kann an deem wat e gär mécht an och an deem wat e gutt kann. Mir sinn och ganz frou elo mam Claudia D'Incà eng Galeristin fonnt ze hunn, déi eist Schëfflenger Konschthaus richteg op Trapp brénge wäert. Op der Säit 26 an dësem Newsmag stelle mir Iech de Programm bis September 2021 vir.



‹ Claudia D'Incà

**Myriam, wat ass fir dech den idealen Dag um Büro an di ideal Kommunikatioun?**
Op enger Gemeng, déi sou lieweg ass wéi Schëffleng, ass ëmmer eng lass. Séier reagéiere kënnen ass e groussen Deel vun eisem Alldag. Heiansdo kommen awer esou kuerzfristeg Imprevuen eran, datt et schwiereg ass, alles an Zäit erauszeginn. Zemools am Ufank vun der Coronakris war dat net evident.

Déi ideal Kommunikatioun ass fir mech, wann de Bierger dobausse weess, u wien e sech muss wenden. En oppent Ouer hunn an all Uleies eescht huelen, dat ass d'Zil. Do spillen natierlech eise fonkelneien Internetsite, eis Presenz op de soziale Medien an eise Guide „Bienvenue à Schifflange“ (deen nach dëst Joer publizéiert gëtt) eng grouss Roll. Wann alles sou no Plang verleeft, da sinn ech zefridden.

## Claudine Feiereisen

**Säit 30 Joer schafft d'Claudine Feiereisen elo op der Schëfflenger Gemeng an ass deemno schonn eng richteg Instanz. Wéi eng Ännerungen hues du an all deene Jore matgemaach?**
Nodeems ech vum Bureau de la population (haut Guichet unique) an de Schoulservice an dono an d'Comptabilitéit komm sinn, hunn ech säit 2008 mam Marc Bimmermann an der Relations publiques geschafft. Deemools war alles nach méi kleng, du hues jidderee kannt an et war en Highlight, wéi mir zu Schëffleng op eemol 7000 Awunner haten. Ech denken, datt dat och déi gréissten Ännerung ass: Schëffleng ass immens gewuess an et wunnen elo bal 12.000 Leit hei. Dat heescht fir eis natierlech och: méi Infoen, méi grouss Fester a méi Aarbecht. Déi nei technologesch Mesuren hëllefen do natierlech an awer geet op där anerer Säit leider de Kontakt zu der Populatioun e bësse verluer.

## Jeff Dax

**A wat huet de Jeff Dax als eenzege Mann am Büro ze soen?**
An engem Büro voller Fraen ass et natierlech net einfach zu Wuert ze kommen… Mee Haaptsaach d'Zesummeschaffe klappt an d'Resultater stinn. Sou sinn ech all Joer nees zefridde wann eist traditionellt Schëfflenger Fest an och all eis aner Evenementer an der Gemeng e Succès ginn an d'Leit dobaussen eng gutt Zäit haten.

Esch2022 steet virun der Dier an et ass ee richtegen Challenge an eng immens Chance fir sou déi kulturell Entwécklung vun der Gemeng Schëffleng an Zesummenaarbecht mat deenen anere Kulturhaaptstadpartner kënnen op deen nächste Level ze bréngen. Op sozialem a kulturellem Plang sollen all d'Bierger vum Joer 2022 an doriwer eraus kënne profitéieren.

## Nickie Lippert

**Dem Nickie Lippert säi Fokus läit op deem mi jonken Deel vun de Schëfflenger:**
Nodeems ech mech am ale Service „Egalité des chances et Jeunesse" zum gréissten Deel ëm d'Uleie vun eise jugendleche Matbiergerinnen a Matbierger gekëmmert hunn, ass dat och weiderhi mäi Schwéierpunkt. Ech këmmere mech haaptsächlech ëm d'Gestioun vun de Babysittere mat deenen néidege Formatiounen, déi ustinn, an ëm d'Lëschte mat den Dageselteren an de Crèchen aus der Gemeng. Ech stinn och am reegelméissege Kontakt mam Jugendhaus an organiséieren Aktivitéiten, di wärend dem Joer fir di Jonk stattfannen – och wann elo leider wéinst dem Covid-19 villes annuléiert gouf. Passend zur Jugend sinn ech dann och neierdéngs fir d'Gemeng ganz an de soziale Medien aktiv.

## Iris Huber

**Iris Huber, du bass souzesoen d'Fra fir alles am Büro, ziel eis mol.**
Majo ech sinn u sech 2018 fir den Télévie op d'Gemeng komm. Elo sinn ech nach ëmmer hei an organiséieren den Eurofestival an och Esch2022 mat. Evenementer sinn also meng Spezialitéit an do man ech och alles wat usteet: vun Zerwéite falen bis Fotoe knipsen a Museksgruppe buchen. Niewebäi hëllefen ech awer gär mengen Aarbechtskolleegen aus a ginn dofir hei och „Mutti" genannt. An di sozial Medien hunn ech mech misse raschaffen. Et ass wichteg fir d'Gemeng a fir d'Leit dobausse fir mat der Zäit ze goen.

## Nicki Schilt

**An ech seet de Geck! Nicki Schilt, wat ass däin Dada?**
Als Jéngst vum Service sinn ech 2019 op Schëffleng komm. Ech schreiwen a verbessere gär Texter (virun allem Lëtzebuergescher) a setze mech ëmmer gär dofir an, eis Gemeng nach méi modern ze maachen. Wann de Schäfferot eis eemol duerch Zoufall e millioune-schwéiere Budget zur Verfügung stellt, da wéilt ech deen am léifste fir eng App (Gemeng/Bierger) ausginn, wuelwëssend, datt dëst richteg deier gëtt. Ech sinn och ganz houfreg an enger Gemeng ze schaffen, an där Integratioun grouss geschriwwe gëtt. Dëst soll een och an enger Kommunikatioun no bausse gesinn.



Kontakt: Email scc@schifflange.lu | Tel.: 54 50 61 – 1 | 08h00 – 12h00 a 14h00 – 17h00

**Interview mam Gilbert Hommel, President vun der AMCIS**

# Presentatioun vun den Associatiounen am Déngscht vun der Gemeng: d'AMCIS

**LU _ Wéi ass d'Geschicht vun der AMCIS, wéi ass de Club entstanen?**
De Schëfflenger Amateur-Filmveräin AMCIS-VIDEO PRODUCTION (Association des cinéastes et vidéastes non-professionnels de Schifflange) gouf 1953 gegrënnt an ass zënter 1954 Member bei der FGDCA (Fédération luxembourgeoise des cinéastes et vidéastes non-professionnels – Luxembourg). Et kann ee soen, dass d'Filmen zu där Zäit a Moud komm ass, et war kuerz nom Krich, wou d'Leit sech erëm e bëssen eppes leeschte konnten, an et si Fester gefeiert ginn an der Famill awer och a Schëffleng an déi frou Momenter sinn am Bild festgehale ginn. De Club huet hire Memberen och d'Méiglechkeet ginn, fir hir Filmer ze verschaffen a se zesummen ze kucken.

**Wat huet all déi Joren d'AMCIS national ausgezeechent?**
D'AMCIS huet am Laf vun der Zäit bei verschidde Concourse matgemaach an huet och Präisser gewonnen.

1961 hu mir mam Natur-Film „Au bord du sentier" vum Club-Member Paul Loutsch d'Gold-Medail um Lëtzebuerger National-Concours gewonnen.

Dat gouf 1970 mam Film „Fire" widderholl an de Film „Gartenspuk" vun eisem Member Gaston Rollinger krut souguer datselwecht Joer d'Bronze-Medail.



1971 ass de Film „L'horreur des bois" mat der Sëlwer-Medail ausgezeechent ginn an 1974 krut de Film „Der Sonntag" nach eng Kéier Sëlwer.

1992 ass dunn eise Member Marc Erang mat enger Gold-Medail fir säi Film „Gwendolyn" als beschte Lëtzebuerger Amateur-Film geéiert ginn.

Virun zwee Joer si mir beim National-Concours mat dem Film „Behënnert sinn a schaffe goen, geet dat?" mam „Prix spécial valeure intégrative" geéiert ginn.

Mir sinn natierlech ganz houfreg op eis Memberen, déi esou gutt ofgeschnidden hunn.



**Wéi gesäit de Club haut aus? Zu wéivill Membere sidd Dir elo?**
Am Moment si mir zu 12 aktive Memberen. Mir treffen eis zweemol pro Woch, dënschdes a mëttwochs um 19.00 Auer an eisem Schneid- an Tounstudio fir u verschiddene Projeten ze schaffen, wéi zum Beispill: d'Schneiden, d'Montéieren an d'Vertoune vum Material, dat gefilmt ginn ass.

Wa mir vun de Veräiner oder der Gemeng gefrot ginn, da gi mir op d'Plaz, fir d'Manifestatioun ze filmen, a verschaffen dat dann zu engem Reportage.

Mir bidden awer och Workshoppen un, an deenen ee filmen a schneide léiere kann. Do ass jidderee wëllkomm, och wann een nëmmen e bësse schnuppere wëll. Dat ass all Samschde vu 14.00 bis 16.00 Auer an eisem Lokal.

**Wéi huet sech Är Aarbecht am Laf vun de Jore verännert?**
D'Filmen huet sech an deene leschten 20 Joer immens verännert. Am Joer 2004 si mir op digital ëmgeklommen, virdrun ass nach mat VHS-Kassette geschafft ginn. Elo gëtt och HD gefilmt an dofir hu mir dräi Kameraen, fir 4 K kënnen ze filmen. Dat sinn natierlech deier Geräter, mee d'Gemeng huet eis jo ëmmer finanziell kräfteg ënnerstëtzt. Mir sinn och ëmmer mat der neier Technik matgaangen, hunn eis dem Fortschrëtt ni verschloss.

**Wat war dat „gréisst", wichtegst Evenement, dat Dir gefilmt hutt?**
Dat flottst Event fir mech war, wéi mir virun zwee Joer op der Kinnekswiss konnte filme goen, wéi de Prënz Guillaume Chefscout ginn ass. Dat war en eemolegt Erliefnes, flott organiséiert, vill engagéiert jonk Leit, fir mech war dat ee wonnerbaart Erliefnes, dat ech esou séier net vergiesse wäert.

**Wat war dat ustrengendst Event, dat Dir gefilmt hutt?**
Dat war den „Eurofestival" am Joer 2013, do hu mir all Dag ee Reportage gemaach, deen een den Dag drop konnt kucken.

**Wat war dat penibelst Event, dat Dir gefilmt hutt?**
Dat war den Télévie am Joer 2019, net wéinst dem Télévie u sech, mee wéinst dem Wieder, do huet et bal de ganzen Dag gereent. Eis Kamerae si ganz sensibel Instrumenter, déi kee Reen verdroen. Wa mir mat Statiste schaffen, dann erliewe mir och mol witzeg Situatiounen.

**Elo zu Iech Här Hommel, wéi sidd Dir zum Filme komm?**
Ech war schonns ëmmer um Film interesséiert a sinn dunn 2007 an de Veräin komm. Zënter 2010 sinn ech elo President. Ech muss ëmmer eng Aktivitéit hunn, ech spillen och Keyboard, sangen a maachen och Danzmusek. D'Filme mécht mir immens Spaass, et ass eppes Lieweges an ech kann eppes fir meng Gemeng a meng Matbierger maachen.

Der Gemeng e ganz grousse Merci fir déi finanziell Ënnerstëtzung all déi Joren!



## D'AMCIS an Zuelen:

**Am Joer 2019 hat d'AMCIS 72 Sortië mat der Kamera a si hu sech 87 Mol getraff, fir am Studio un de Filmer ze schneiden.**

## Gitt aktive Member bei der AMCIS

**Hutt Dir och Interessi, bei der AMCIS matzeschaffen, sief et beim Filmen, Toun oder am Studio, da mellt Iech beim President Gilbert Hommel um GSM 621 161 424 oder schreift en E-mail (hgilbert@pt.lu).**

**D'Membere vun der AMCIS treffe sech 2 Deeg an der Woch (owes) am Studio. Si ginn awer och Eventer filmen. Et ass e flotte Club vu lauter Kolleegen a Kolleeginnen. Et ginn och reegelméisseg Workshoppen ugebuede fir dat néidegt Wëssen un de Mann oder d'Fra ze bréngen.**

## Opruff

**Wann Dir nach al Filmer iwwer Schëffleng hutt, da wiere mir frou wann Dir ons déi kéint léinen, mir maachen e Film iwwer d'Geschicht vu Schëffleng, wou mir dës kéinten abauen.**

# Plan Communal d'Intégration

**LU —**

**Interview mam Schäffe Marc Spautz (President vun der Intergratiounskommissioun) iwwert de Plan Communal d'Intégration**

**D'Gemeng Schëffleng an Zesummenaarbecht mat dem Familljeministère an dem Centre d'Etude et de Formation culturelles et sociales (CEFIS) hunn eng Etüd iwwert d'Integratioun an d'Zesummeliewen an der Gemeng Schëffleng ausgeschafft.**

**Wéi leeft fir Iech am Moment d'Integratioun an d'Zesummeliewen an der Gemeng Schëffleng?**
*Marc Spautz:* D'Wuert „Integratioun" bezeechent e Prozess, duerch deen eng Persoun, déi net di lëtzebuergesch Nationalitéit huet, aktiv an nohalteg um Gesellschaftsliewen deelhëlt, eng Gesellschaft, déi op sozialem, ekonomeschem, politeschem a kulturellem Plang alles an de Wee leet, fir den Integratiounsprozess z'erméiglechen.

D'Integratioun ass d'ADN vu Schëffleng, mee net nëmmen zu Schëffleng, mee am ganze Minett. Hei am Süden huet d'Industrialisatioun am 19. an 20. Joerhonnert och d'Immigratioun mat sech bruecht.

Am Laf vun de leschten 30 Joren huet sech d'Immigratioun awer staark verännert a mir mussen och deementspriechend reagéiere fir de Leit, déi aus engem anere kulturelle Milieu kommen, méi eng einfach Integratioun z'erméiglechen.

**De Kommunalen Integratiounsplang ass immens wichteg fir d'Gemeng Schëffleng, kënnt Dir eis dozou eppes soen?**
*MS:* D'Schëfflenger Bevëlkerung besteet aus 59% Lëtzebuerger (dovu sinn 8% mat Duebelnationalitéit), 93 verschidden Nationalitéite sinn zu Schëffleng vertrueden. Fir 70% vun de Schoulkanner ass d'Mammesprooch net Lëtzebuergesch.

Dës Chifferen eleng weisen eis kloer, datt e gutt Zesummeliewen zu Schëffleng wichteg ass.

De Schäfferot huet dowéinst der Integratiounskommissioun den Optrag gi fir e Kommunalen Integratiounsplang auszeschaffen.

Den éischte Schratt, deen d'Integratiounskommissioun gemaach huet, war een Inventaire vun der aktueller Situatioun, fir esou kënne festzeleeën, wéi déi nächst Schrëtt sollen ausgesinn. Mam Familljeministère an dem CEFIS hu mir dunn eng Diagnose iwwert d'Integratioun an d'Zesummeliewen an der Gemeng Schëffleng erstallt.

**Wéi definéiert Dir de Kommunalen Integratiounsplang a wat ass fir Iech d'Plus-value par Rapport zu der aktueller Situatioun?**
*MS:* De Plan Communal d'Intégratioun (PCI) ass een Instrument, dat eis et erlaabt politesch ze handelen, fir op lokalem Plang effikass Mooss-namen ëmzesetzen. Dësen Integratiounsplang definéiert eng transversal Approche an ee strategesche Kader op lokalem Niveau. E geet méi wäit, wéi eenzel punktuell Aktiounen. De Plang inspiréiert sech un de Besoinen an den Erwaardunge vun der Bevëlkerung an de politesche Vertrieder, wou ee Maximum un Acteuren aktiv impliziéiert gi sinn.

Et ass mir wichteg dëse Plang zesumme mat der Schëfflenger Bevëlkerung ëmzesetzen no dem Motto: „kucken - feststellen - ëmsetzen".



**Wat beinhalt elo den Diagnostik? Ëm wat geet et do genau? Wien huet mat um Diagnostik geschafft?**
Den „Diagnostik"* ass eng Foto vum Zesummeliewen zu Schëffleng. Et geet am Diagnostik ëm d'Diversitéit vun der Bevëlkerung, déi verschidden Enjeuen. Et gëtt awer och eng Analys gemaach vun de Besoine vun de verschiddenen Acteuren, déi sech ëm d'Integratioun këmmeren an dat sinn: d'Gemeng, d'Veräiner, d'Bierger, ...

Fir d'éischt hu mir mam CEFIS ugefaangen eng breet Ëmfro ze realiséieren, déi iwwert déi verschidden Aspekter vum Zesummeliewe geet. Doropshi konnte mir dunn een „Diagnostik" realiséiere mat dem Zil, déi Resultater an de Kommunalen Integratiounsplang afléissen ze loossen.

Vum 1. Juni bis de 15. November 2019 ass eng breet Ëmfro gemaach ginn. Mir hu 428 Äntwerte kritt. Déi eng Hallschent vun de Froebéi sinn online gemaach ginn an déi aner Hallschent op Pabeier. Dësen Echantillon ass also statistesch representativ fir déi ganz Bevëlkerung vu Schëffleng.

**Den Diagnostik ass nach net de „Plan Communal d'Intégration", wat bleift nach ze maachen?**
De Sondage ass dem Gemengerot virgestallt ginn an et ginn Deeler an deenen nächsten Editioune vum Newsmag virgestallt (den Newsmag kann och digital um Site vun der Gemeng gelies ginn). Aus dem Sondage geet ervir, dass 3/4 vun de Participanten, déi matgemaach hunn, d'Siicht, wat d'Zesummeliewen zu Schëffleng ugeet, ganz positiv gesinn, onofhängeg ob se elo Lëtzebuerger oder Auslänner sinn.

Déi éischt Etapp vum „kucken" ass elo eriwwer, elo wou mir all d'Zuelematerial hunn, wäert d'Integratiounskommissioun an enger nächster Etapp dem Schäffen- a Gemengerot Propositioune maachen, wei déi verschidden Ziler vum Plan Communal d'Integration erreecht kënne ginn.

Mir sinn eis bewosst, dass dëse Plang absolut néideg ass a mir wäerten en och ëmmer erëm upasse fir de kulturellen Erausfuerderung vun engem gudden Zesummeliewe gerecht ze ginn.

* Den Diagnostik (d'Etüd) iwwert déi lokal Integratioun an d'Zesummeliewe besteet aus verschidde Voleten:
- engem Sondage (Ëmfro) iwwert d'Besoinen an d'Erwaardunge vun der Bevëlkerung, wat di lokal Integratioun ugeet,
- enger statistescher Analys iwwert d'Populatioun an d'Migratioun zu Schëffleng,
- enger Analys vun den Initiativen op kommunalem Niveau, wat d'Integratioun ugeet,
- Gespréicher mat verschidden internen (aus de verschiddene Servicer, politesch Responsabeler) an externen Interlocuteuren (aus der Maison Relais, dem Jugendhaus, CIGL, Fussballclub, ...) aus der Gemeng fir hir Besoinen an Erfarungen, wat d'Integratioun ugeet, erauszeschielen,
- thematesch Gespréichsowender mat de Bierger vu Schëffleng, wat d'Integratioun ugeet.

An de folgenden Editioune vum Newsmag wäerte mir op déi wichtegst Punkten a Constate vun der Etüd, wat d'Diversitéit an d'Integratioun vun der Bevëlkerung ugeet, agoen, dat ass dann de Point de départ vum Plan Communal d'Intégration.



**FR __ Entretien avec l'échevin Marc Spautz (président de la Commission d'intégration) sur le Plan Communal d'Intégration**

**La Commune de Schifflange, en collaboration avec le Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région et le Centre d'Etude et de Formation Interculturelles et Sociales (CEFIS), est en train de réaliser une étude sur l'intégration et le vivre ensemble dans la Commune de Schifflange.**

**Comment voyez-vous à l'heure actuelle la situation de l'intégration et du vivre ensemble dans la commune ?**

*Marc Spautz :* Le terme « intégration » désigne un processus à double sens par lequel une personne de nationalité étrangère manifeste sa volonté de participer de manière durable à la vie de la société d'accueil qui sur le plan social, économique, politique et culturel, prend à son égard toutes les dispositions afin d'encourager et de faciliter cette démarche.

L'intégration fait partie de l'ADN schifflangeois, comme dans presque tout le bassin minier qui a vu naître l'immigration avec l'industrialisation au tournant du 19ème au 20ième siècle. Au courant des 3 dernières décennies, l'immigration a fortement changé et il faut réagir en conséquence, notamment pour faciliter, entre autres, l'intégration des gens qui viennent d'un autre milieu culturel.

**Pourquoi la Commune de Schifflange veut-elle se donner un Plan Communal d'Intégration ?**

*MS :* Notre population se compose de 59% de Luxembourgeois (dont 8% avec une double nationalité) et nous comptons 93 nationalités différentes. La langue maternelle de 70 % des élèves scolarisés dans l'école publique n'est pas le luxembourgeois.

Sur base de ces chiffres, on déduit à quel point le vivre ensemble à Schifflange est important.

Ainsi, le Collège échevinal a chargé la Commission d'intégration d'instaurer un Plan Communal d'Intégration.

Dès lors, la commission s'est penchée tout d'abord sur la réalisation d'un inventaire de la situation actuelle, document indispensable pour les étapes suivantes.

En collaboration avec le soutien du Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région et avec le CEFIS (Centre d'Étude et de Formation Interculturelles et Sociales), nous avons réalisé un diagnostic sur l'intégration et le vire ensemble dans la commune.

**Comment définissez-vous le Plan Communal d'Intégration et quelle sera la plus-value par rapport à la situation actuelle ?**
*MS :* Le Plan Communal d'Intégration (PCI) est un instrument de gestion politique structuré d'intégration locale. Il définit une approche transversale et un cadre stratégique de l'intégration au niveau local. Il va au-delà de la mise en œuvre d'actions ponctuelles et isolées. Il s'inspire des besoins et des attentes de la population et de ses représentants politiques et implique et responsabilise un maximum d'acteurs.

C'est important de réaliser ce plan ensemble avec la population schifflangeoise, ceci d'après la méthode : « voir – juger – agir »

**En quoi a consisté le diagnostic ? Quels volets comporte-t-il ? Qui a collaboré ?**
Ce « diagnostic* » est une photographie du vivre ensemble à Schifflange. Il étudie la diversité de la population et ses enjeux et analyse les besoins des différents acteurs en matière d'intégration : commune, associations, citoyens, …




Nous avons notamment commencé par réaliser avec l'aide du CEFIS un sondage à large échelle portant sur de nombreux aspects du vivre ensemble. Cela a permis d'établir le diagnostic de l'intégration en vue d'un PCI.

Nous avons organisé un sondage durant la période du 1er juin au 15 novembre 2019.

Sur 428 réponses, la moitié a répondu en ligne et l'autre moitié sur la version papier du sondage. Cet échantillon est statistiquement significatif de la totalité de la population de Schifflange.

**Le diagnostic n'est pas encore le PCI, que reste-t-il à faire ?**
Il ressort de ce sondage, qui a été présenté au Conseil communal et que nous présenterons également dans notre prochain Newsmag (consultable sur le site internet de la commune) que l'opinion générale à Schifflange est largement positive pour les ¾ des personnes qui ont répondu au questionnaire, qu'elles soient luxembourgeoises ou étrangères.

La première étape, celle du « voir » est maintenant terminée, et au vu de toutes ces données qui ont pu être récoltées, la Commission d'intégration va proposer dans une prochaine étape les priorités au Collège échevinal et au Conseil communal afin de pouvoir fixer un par un les buts à viser pour aboutir à un Plan Communal d'Intégration.

Sachant qu'à l'heure actuelle, ce plan est absolument nécessaire, il est également indispensable de l'adapter régulièrement pour répondre au défi de la diversité culturelle et du vivre ensemble.

*L'étude (diagnostic) sur l'intégration locale et le vivre ensemble est composée de différents volets :
- un sondage sur les besoins et attentes de la population en matière d'intégration locale,
- une analyse statistique sur la population et les migrations à Schifflange,
- une analyse des initiatives communales en matière d'intégration,
- des entretiens avec des interlocuteurs internes (services et responsables politiques) et externes (Maison Relais, Maison des jeunes, CIGL, club de foot, …) à la commune pour connaître leurs besoins et expériences en matière d'intégration,
- des soirées thématiques d'échange avec la population sur l'intégration.

Dans les prochains numéros du Newsmag, nous reviendrons sur les constats principaux et points forts de l'étude en matière de diversité de la population et de l'intégration, point de départ pour élaborer le Plan Communal d'Intégration.

# D'Schmelze weider dämpe loossen! Maacht mat beim „FerroForum"!

**LU** _ De Kënschtlerkollektiv FerroForum huet sech zum Zil gesat, d'Bedeitung vun der Stolindustrie an d'Wëssen, wéi Stol gekacht gëtt, net verschwannen ze loossen. Hire Plang ass ee spezialiséierten Zentrum ze schafen, de „Centre du savoir-fer" wou et virun allem ëm d'Ëmwandlung vun dem rouden Eisenäerz a Stol geet, a wou mat Eisen a Stol an all hire Forme geschafft gëtt. De FerroForum soll op der Brooch Esch-Schëffleng entstoen, méi genau am Zentralatelier an am Pompelhaus, an Zesummenaarbecht mam Schmelzaarbechtermusée.

D'Equipe vum FerroForum sicht elo Leit, déi bei dësem interessante Projet wëlle matmaachen, fir datt d'Wëssen an d'Handwierk vum Eisen net vergiess gëtt. Wann Dir aalt Geschier, Fotoen oder soss Bildmaterial vun der Schmelz doheem hutt, dann ass dat wëllkomm fir d'Archive vum FerroForum ze beräicheren.

Wann Dir selwer oder eng Persoun aus Ärem Bekanntekrees op der Schmelz geschafft huet oder nach schafft, zéckt net eis ze kontaktéiere fir dee wäertvollen Temoignage festzehalen. All dat Wësse geet soss fir ëmmer verluer wa keen et zur Kenntnis hëlt an enregistréiert.

**Dir kënnt lech beim Misch Feinen mellen, ënnert der Nummer 621 417 628 oder iwwer E-mail ferroforum@outlook.com.**










appelez

2060 1060

helpline violence domestique

Helpline pour les femmes et les hommes

www.helpline-violence.lu
info@helpline-violence.lu


EN AFRIQUE, APRÈS LE COVID-19...
LA CRISE ALIMENTAIRE !
EXPLOSION DU COURS DU RIZ DEPUIS LE COVID-19
«ENTRE LE 2 JANVIER ET LE 12 JUIN 2020, LE COURS DU RIZ A SUBI UNE AUGMENTATION DE PRÈS DE 25%»
LE RIZ, UN ALIMENT DE BASE EN AFRIQUE
«A EUX SEULS, LE BÉNIN, LE SÉNÉGAL ET LA CÔTE D'IVOIRE CONSOMMENT 10% DE LA PRODUCTION MONDIALE DE RIZ»
PRODUCTION DE RIZ INSUFFISANTE EN AFRIQUE
«EN 2017/2018, LE BÉNIN PRODUISAIT 151.000 TONNES DE RIZ ET EN IMPORTAIT 475.000 POUR SUBVENIR À SES BESOINS»
Au-delà des conséquences sanitaires, le Covid-19 provoquera une récession économique dans de nombreux pays. Plus silencieuse, une crise alimentaire est attendue, notamment en Afrique.
Un monde sans faim est possible grâce à une agriculture locale, familiale et durable.
PARTICIPEZ AU CHANGEMENT, FAITES UN DON !
DiGiCASH
Grâce à votre application mobile Digicash faites un don
ou rendez-vous sur notre site :
www.sosfaim.lu
SOS-Faim-Luxembourg
SOS FAIM
layout — Bunker Palace

## Minett-Kompost im Garten

Kompost ist ein natürliches Dünge- und Bodenverbesserungsmittel und wird aufgrund seiner vielfältigen Eigenschaften sehr geschätzt.

Wer den Kompost nicht selbst im Garten produziert, kann ihn auch von der Kompostanlage **Minett-Kompost** bei Monnerich beziehen. Dort werden Ihre in der grünen Biotonne gesammelten organischen Garten- und Küchenabfälle in Qualitätskompost umgewandelt. Qualitätskompost ist ein guter Ersatz für Torf. Durch den Einsatz von Minett-Kompost tragen Sie auch zum Schutz der Moore bei und helfen $CO_2$ einzusparen.




Der Einsatz von Kompost in Ihrem Garten bietet viele Vorteile für Boden und Pflanzen.

***Mit Kompost weniger gießen und Wasser sparen***

Kompostgaben erhöhen den Anteil an Humus in Ihren Böden. Der Humus ist wie ein Schwamm im Boden und kann bis zu dem fünffachen seines Eigengewichtes an Wasser speichern. Mit einer einmaligen Gabe von 25 kg Minett-Kompost pro $m^2$ können dauerhaft 3 kg Humus gebildet werden, der zusätzlich 15 Liter pflanzenverfügbares Wasser speichert. Diese Eigenschaft kommt in den von Klimaforschern prognostizierten zukünftigen Jahren mit regenarmen Sommern und mit Phasen von extremer Trockenheit immer mehr zum Tragen.

***Nährstoffe für Ihre Pflanzen***

Kompost enthält alle Haupt – und Spurennährstoffe. Die Versorgung Ihrer Pflanzen mit Humus, Kalk und Nährstoffen kann nahezu abgedeckt werden. Nur Stickstoff, der zum größten Teil organisch gebunden ist, wird in der Regel nachgedüngt.

***<u>TIPP:</u>*** *Eine Ergänzungsdüngung mit 10 g Stickstoff je $m^2$ wird mit der Anwendung von z.B. 80 g Hornmehl oder 35 g Kalkammonsalpeter oder 50 g schwefelsaurem Ammoniak erreicht. Übrigens wird beim Anbau von Leguminosen, wie z.B. Erbsen zusätzlich Luftstickstoff über*

*Knöllchenbakterien gebunden. Das erübrigt die Stickstoffdüngung für die nächsten zwei Kulturen.*

**Lebendiger Boden**

Kompost beinhaltet die Nahrung für ein vielfältiges und gesundes Bodenleben. Er entwickelt so ein breites Wirkungsspektrum gegenüber Erregern von Pflanzenkrankheiten im Boden und fördert die Gesundheit Ihrer Pflanzen.

***Gute Bodenstruktur***

Der Humus im Kompost lockert den Boden und erleichtert die Bearbeitung. Nach Regen verschlämmt die Oberfläche nicht und das Wasser kann in den Boden eindringen. Der Abtrag von Boden, die sogenannte Erosion, wird so vermieden.

***Vielfältige Anwendungsmöglichkeiten***



Kompost ist im Hausgarten bestens geeignet für die Bodenverbesserung bei Neuanlagen, die regelmäßige Pflege von Rasen, Zierbeetflächen und Gehölzen, sowie für alle Nutzpflanzen im Gemüsebeet. Der Kompost sollte immer fein verteilt und oberflächlich eingearbeitet werden. Bei größerer Anwendungsmenge mit 10 bis 20 cm auch etwas tiefer. Der beste Zeitpunkt der Kompostgabe ist das Frühjahr.

Die Menge der Kompostgabe hängt dabei vom Nährstoffbedarf der Pflanzen ab und liegt zwischen 2 l Kompost pro $m^2$ für schwachzehrendes Gemüse (z.B. Bohnen oder Erbsen) und 12 Liter pro $m^2$ für starkzehrende Pflanzen, wie z.B. Kartoffeln, Kohl oder Tomaten.

Beim einmaligen Anlegen neuer Gärten, Beeten und Rasen können auch je nach Art des Bodens bis 25 Liter Kompost für sandige Böden und bis 35 Liter bei stark tonhaltigen Böden in den vorhandenen Boden eingearbeitet werden. In den Folgejahren ist eine weitere Düngung erstmal nicht erforderlich. Die Bevorratung mit Stickstoff reicht für 3 Jahre, von Phosphat, Kalium, Magnesium und Kalk mindestens für 5 Jahre.

Für spezifischere Anwendungen und Anwendungsmengen - auch für Ihren eigenen Kompost- informieren Sie gerne die Experten von Minett-Kompost.

***Die Mischung macht´s***

Aufgrund seines hohen Nährstoffgehaltes eignet sich reiner Kompost nicht für das unvermischte Befüllen von Blumentöpfen, Balkonkästen und Pflanzlöchern. Hierfür wird der Kompost mit anderen Ausgangs-stoffen wie Gartenerde, Sand, Torf und/ oder Rindenhumus gemischt. Bei Pflanzungen mischt man den Kompost z. B. mit dem Boden in einem Verhältnis von 1 zu 4 und füllt damit die Pflanzlöcher.





Fertige Mischungen mit Minett-Kompost als Ausgangssubstrat stehen mit der universellen **Blumenerde FloraVitalis**, der mit **30 % Kompost gemischten Gartenerde** und dem **Pflanzsubstrat „Osnabrücker Mischung“** auf der Kompostanlage Minett-Kompost zur Verfügung.

Auch bei der Anlage eines **Hochbeetes** eignen sich für die oberen Schichten (ca. 30 cm) Kompostmischungen. In der Praxis hat sich z.B. eine Mischung aus 3 Teilen der mit 30 % Kompost gemischten Gartenerde und einem Teil der torfreduzierten Blumenerde FloraVitalis bewährt.

***Geprüfter Qualitätskompost nur durch eine sortenreine Sammlung***

Minett-Kompost wird nach den strengen Richtlinien des RAL-Gütezeichens bis zu 18-mal im Jahr auf Inhaltstoffe und Qualität untersucht und besitzt durchgehend seit über 25 Jahren das Gütezeichen Kompost.

Unser Kompost wird aus Ihren organischen Abfällen produziert. Wieder in Ihrem Garten angewendet, schließt sich der perfekte Kreislauf der Natur. Bitte helfen Sie durch Ihre sortenreine Sammlung der organischen Abfälle mit, dass auch weiterhin ein hochwertiger Minett-Kompost nutzbringend eingesetzt werden kann.




Gerade PE- Folien und PE- Säcke – auch wenn sie zur Sammlung organischer Abfälle verwendet werden - gehören nicht in den Bioabfall. Der Kunststoff ist nicht kompostierbar und muss aufwändig im Prozess abgetrennt werden.

Für weitere Fragen zum Trennen der organischen Abfälle und zur Anwendung und Beschaffung von Kompost und Kompostprodukten für Ihren Garten und Balkon stehen Ihnen gerne die Experten vom Syndikat Minett-Kompost zur Verfügung.

**E-mail:** vente@minett-kompost.lu

**Web-Site**: [www.minett-kompost.lu](http://www.minett-kompost.lu)

**Tel.:** 55 70 09-24

myenergy Luxembourg

# Aktionswoche / *Semaine* myenergy at home

**05-09.10.2020** / 9.00 - 17.00

**Lassen Sie den Energieverbrauch Ihrer Wohnung einschätzen.** Vereinbaren Sie noch heute Ihren kostenlosen und neutralen Energiecheck.

***Faites évaluer la consommation énergétique de votre habitation.*** *Réservez dès aujourd'hui votre diagnostic énergétique neutre et gratuit.*

**NEISTART LËTZEBUERG**

**20.04.2020-31.03.2021**

**+ 50 % auf Beihilfen für nachhaltige energetische Renovierung und Energieberatung**

**+ 25 % für Heizsysteme mit erneuerbaren Energien**

**NEISTART LËTZEBUERG**

**20.04.2020-31.03.2021**

**+ 50 % sur les aides pour la rénovation énergétique durable et le conseil en énergie**

**+ 25 % pour les systèmes de chauffage favorisant les énergies renouvelables**




Co-funded by the European Union

myenergy **8002 11 90**

myenergy.lu

ESCH

GEMENG SCHËFFLENG

KlimaPakt
Meng Gemeng engagéiert sech

Partenaire pour une transition énergétique durable

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement



# **Gemengerotssëtzung** | Réunion du Conseil communal

## **Séance du 10.07.2020 - Kuerzfaassung** | Résumé

**DE** — Am 10. Juli fand die letzte Gemeinderatssitzung vor den sogenannten Sommerferien statt. Im Zusammenhang mit dem Covid-19 Virus mussten einige Entscheidungen sowohl bei der Organisation der Gemeinderatssitzungen als auch im schulischen Kontext getroffen werden. Darüberhinaus hielten die Gemeinderäte Änderungen bei der Raumordnung fest.

Da der bestehende Gemeinderatssaal nicht erlaubte die durch den Covid-19 vorgegbenen Distanzen zwischen den Gemeinderäten zu respektieren, wurde die Entscheidung getroffen den Saal „*Grand-Duc Jean*" als Gemeinderatssaal zu bestimmen.

Im Rahmen der Schulorganisation hielt das Innenministerium neue Maßnahmen fest, die die Zeitspannen zwischen dem 29. Juni und 15. Juli 2020 betreffen. Diese Maßnahmen betreffend den Stundenplan, die Freistellung einiger Schüler, den Einsatz von zwei Lehrkräften pro Klasse, das Tragen von Masken in den Gebäuden, pädagogische Ausflüge, die Sport- und Schwimmstunden, die Betreuung in der Maison Relais und den Pedibus, erhielten die Zustimmung des Gemeinderats.

Der Gemeinderat tätigte mehrere Investitionen unter anderem auch zu Gunsten der Umwelt und einer nachhaltigen Entwicklung.

Im Bereich der Raumordnung wurden Änderungen vorgenommen im Teilbebauungsplan der „*Quartier existant Centre-sud*" um Inkohärenzen zu beheben, aber auch beim allgemeinen Bebauungsplan und Teilbebauungsplan „*Quartier existant*" mehrerer Straßen.

Grünes Licht gab der Gemeinderat auch für das PAP Op Hudelen im Zusammenhang des Baus einer Schule und einer provisorischen Maison Relais.

Weitere Details zu diesen aber auch anderen Punkten der Gemeinderatssitzung vom 10. Juli 2020, finden Sie auf **schifflange.lu/commune/réunions** du Conseil communal.

**FR** — La dernière séance du Conseil communal avant les soi-disant vacances d'été a eu lieu en date du 10 juillet 2020. Dans le cadre du Covid-19, certaines décisions ont dues être prises aussi bien dans le cadre de l'organisation des séances du Conseil communal que dans le contexte scolaire. De plus, les conseillers ont voté des décisions au niveau de l'aménagement du territoire.

Comme la salle du Conseil communal n'a pas permis de respecter les distances exigées dans le contexte du Covid-19, les conseillers ont déterminé la salle Grand-Duc Jean en tant que salle du Conseil communal.

Egalement dans le contexte du Covid-19, des mesures ont été décidées par le Ministère de l'Intérieur pour le domaine scolaire et ceci pour la période du 29 juin au 15 juillet 2020. Ces mesures portant sur l'horaire scolaire, la dispense de certains enfants, l'emploi de deux enseignants ou intervenants par classe, le port du masque dans l'enceinte, les sorties pédagogiques, les cours d'éducation physique ou de natation, l'encadrement de la Maison Relais, le Pédibus, ont été approuvées par le Conseil communal.

Le Conseil communal a effectué plusieurs investissements, entre autre dans le domaine de l'environnement et du développement durable.

Dans le domaine de l'aménagement du territoire des modifications ont été réalisées au niveau du PAP Quartier existant Centre-sud, afin de corriger certaines inconhérences. D'autres modifications ont été réalisées dans le contexte du PAP Quartier existant de certaines rues schifflangeoises.

Dans le contexte du PAP Op Hudelen, le Conseil communal a également donné son feu vert pour la construction d'une école et d'une Maison Relais provisoire.

Plus de détails sur ces projets seront disponibles sur **schifflange.lu/Commune/Réunions** du Conseil communal.

**Nous vous informons que le rapport détaillé du Conseil communal du 10 juillet 2020 est publié sur le site de la commune schifflange.lu.**
**Les personnes qui désirent avoir une copie papier sont priées de s'adresser au numéro 54 50 61 – 214 ou de faire un e-mail à scc@schifflange.lu**





# WASSERSPEICHER WIRD ZUR HERBERGE

Wir hoffen, Sie haben einen erholsamen Sommerurlaub genossen, und haben die "Rentrée" mit der nötigen Energie in Angriff genommen. Meist ist es dann auch so, dass alles, was sich vor der Sommerpause zugetragen hat, schon fast in Vergessenheit geraten ist. Wir wollen allerdings noch einmal einen kleinen Rückblick auf die aus Sicht der ***déi gréng*** wichtigen Punkte der Gemeinderatssitzung vom 10. Juli 2020 machen.

So wurde in besagter Sitzung der Teilbebauungsplan für die provisorische Schule mit Maison-Relais "Op Hudelen" vom Gemeinderat gutgeheißen. Dies ist die Voraussetzung, dass die Kinderbetreuungs- und Schulstruktur überhaupt gebaut werden darf. Schnell hat auch das Innenministerium grünes Licht für den Teilbebauungsplan gegeben, und die Bauarbeiten konnten nach den Sommerferien in Angriff genommen werden. Die hoffentlich schnelle Fertigstellung der Phase 1 (Maison-Relais), wird es weiteren Eltern erlauben, ihre Kinder in einer schönen, kindgerechten Struktur zu wissen, während Sie selbst arbeiten gehen.

Außerdem wurde auch noch unser allgemeiner Bebauungsplan (PAG) für das bestehende Viertel "Rue des Mines, Rue Bellevue und Rue Noël" abgeändert und dem Gesetzesstand von 2017 angepasst. Dies erlaubt es, in Kürze auch einen Teilbebauungsplan (PAP) für genanntes Viertel in die Genehmigungsprozedur zu bringen. Bauherren, die dort zukünftig ihr Haus umgestalten wollen oder einen Neubau planen, bekommen hiermit die nötigen reglementarischen Vorgaben und die nötige Planungssicherheit.

Ein Projekt, das uns ganz besonders am Herzen liegt, wurde ebenfalls in der Gemeinderatssitzung vom 10 Juli vorgestellt. Es geht um den "Gîtes", der im alten Wasserspeicher in der Nähe des Jean Jacoby Stadiums eingerichtet wird. Im Rahmen eines Architektenwettbewerbes haben junge Architekten ein bemerkenswertes innovatives Projekt entworfen. Die Bauarbeiten werden im Laufe des Jahres 2021 beginnen. Die Eröffnung des "Gîtes" ist für Anfang 2022 geplant, und ist auch als Beitrag von Schifflingen im Rahmen von E2022 (Europäische Kulturhauptstadt) sowie als Projekt im Rahmen der Einklassierung der Südregion als UNESCO Biosphärenreservat zu betrachten.



*Modell des neuen "Gîte"*

**Contact:**
**déi gréng Schëffleng**
**Tel: +352 621 209 826**
**schifflange@greng.lu**
**http://scheffleng.greng.lu**




SCHËFFLENG

# NEI BETREIUNGSSTRUKTUR OP HUDELEN

Wéi an der Schäfferotserklärung vun CSV-déi gréng festgehalen, léit eng vun de Prioritéiten an der Schoulbildung a Kannerbetreiung. An eisen Maisons relais besteet méi eng grouss Demande wéi fräi Platzen sinn. Fir eng global Vue ze kréien ass mat MC Consulting awer och an Aarbechtsgruppen zesummen mam Léierpersonal, den Erzéier an Elterevertrieder vill a Punkto Bildungslandschaft geschafft gin. Et huet eng séier Léisung misse fonnt gin, a mam Projet Modulbau ass et méiglech op enger Fläch vun ca. 630 m2 opgedeelt op 5 Betréiungsreim, e Personalraum, Sanitär- an Technesch Infrastrukturen Platz fir 90 Kanner ze schafen.

Et ass eis als CSV wichteg dass dëse Projet richteg duerchduecht gett, fir d'Investioun nohalteg ze gestalten. De Modulbau kennt op Gemengenterrain stoen, gëtt an der 1.Phase als Maison relais an an enger 2.Phase gin des Raimlechkeeten als Schoul genotzt, bis de Bau vun der 4. Schoul Op Hudelen an den Ëmbau vun den 3 anere Schëfflenger Schoulen fäerdeg ass. Och dono bestinn verschidde Méiglechkeeten fir dëse Modulbau anerwäerteg sënnvoll ze notzen.

Ufank 2020 ass nach domat gerechent gin dass d'Kanner ab Oktober 2020 hei kéinte betreit gin, mä leider ass dëst Coronvirus-bedéngt net méiglech. Duerch de Lockdown am Bau an d'Ausruffe vum Noutstand huet sech leider alles no hanne verréckelt. Em sou frou si mer dass elo Ufank September d'Baggeren hier Aarbecht opgeholl hunn a mer, wa keng Imprevuen optauchen, ab Ufank 2021 hei kennen 90 Kanner betreien. De Schäfferot huet awer eng Léisung fonnt, fir dass all Kand fir d'Schoulrentrée den 15. September 2020 déi adequat Betreiung kritt.

D'CSV/déi gréng Majoritéit engagéiert sech fir dauerhaft Léisungen fir Schëffleng auszeschaffen an ëmzesetzten.

**Fir eis Kanner – fir eis Bierger – fir dem Wuestum vun eiser Gemeng gerecht ze gin.**

LSAP

# Schifflinger Krisenmanagement in Zeiten von Covid-19




Seit nunmehr sieben Monaten hat Covid-19 die Welt fest im Griff. Über 800.000 Menschen kostete das Virus bereits das Leben, darunter 124 allein in Luxemburg. Auch einige Schifflinger befinden sich unter den Opfern, deren Familien und Angehörigen wir an dieser Stelle unser herzlichstes Mitgefühl aussprechen. Ein Ende der Krise ist weiterhin nicht in Sicht und die Langzeitfolgen der Krise können nur ansatzweise erahnt werden.

### Schifflingen reagierte prompt auf die Krise.

Ein lokaler Krisenstab wurde im März eingerichtet, welcher während des Lockdowns die Tagesgeschäfte – darunter Müllentsorgung, Reinigungsdienste, Administration usw. – regelte und steuerte. Öffentliche Versammlungsorte, wie Spielplätze oder das öffentliche Schwimmbad, wurden provisorisch geschlossen um eine weitere Ausbreitung des Virus zu verhindern. Eine Informationsflut setzte ein! Ob über Facebook, durch SMS-Nachrichten oder per Post, die Schifflinger Bürger wurden über jegliche Maßnahmen oder Aktionen, wie beispielsweise das Verteilen der Masken, bestens informiert. Das Motto „Bleift Doheem" wurde großgeschrieben, was sich u.a. an dem gemeindeeigenen Liefer- und Einkaufsdienst für ältere und besonders gefährdete Mitmenschen zeigte.

Der Schöffen- und Gemeinderat zeigte Einigkeit im Kampf gegen die Frühfolgen des Virus. Einstimmig wurde die Schulplanung nach dem Lockdown abgesegnet (Gemeinderatssitzung vom 20.04.2020). Den wenigen Geschäften und Cafés aus gemeindeeigenen Gebäuden wurden gestattet, bis 2021 die Miete in Raten abzuzahlen (Gemeinderatssitzung vom 20.04.2020). Den etlichen Vereinen, die vom Versammlungsverbot getroffen wurden und finanzielle Einbußen erlitten, wurde mit einer Direkthilfe in Form von extraordinären Subventionen geholfen (Gemeinderatssitzung vom 8.06.2020).

### Nichtsdestotrotz!

Die Mühlen der Politik mahlen bekanntlich langsam! So zeigte sich die CSV-Déi Gréng-Mehrheit im Falle einer Direkthilfe für die lokalen Geschäftsleute weniger kompromiss- und entscheidungsbereit als vorher.

Ihr Vorschlag, das während der Krise eingesparte Budget für Lokalfestivitäten in Gutscheine zu investieren, ging der LSAP letztlich nicht weit genug. Die Gutscheine sollten an die Gemeindeangestellten und Senioren verteilt und nur in Schifflingen eingelöst werden.

Für die LSAP-Fraktion bestand jedoch die Gefahr, dass davon nur spezifische Geschäfte, wie beispielsweise Restaurants, Bäckereien o.Ä., profitieren würden. Auf Bitte des Schöffenrates unterbreitete die LSAP den Vorschlag, die Geschäftsleute – mit einigen Ausnahmen - eine Direkthilfe in Höhe von max. 1.000€ zukommen zu lassen. Damit dieser jedoch nicht in der sprichwörtlichen Schublade landet, sollte auf Anregung der LSAP-Fraktion (4. Juli 2020), in der Gemeinderatssitzung vom 10. Juli 2020 darüber diskutiert werden. Gegen die Stimmen der LSAP und DP wurde dies jedoch auf eine spätere Gemeinderatssitzung vertagt.

*schifflange.lsap.lu*

# Merci!

Et ass nach net laang hier do ass Eisen Alldag op d'Kopp geheit ginn an mir missten eis un eng nei Realitéit gewinnen. Vill Leed ass duerch den Covid entstanen, Mënschen hunn gelidden an och déi ekonomesch Schied an d Konsequenzen fir vill Familien loossen en batteren Nogeschmaach.

Trotzdeem huet des Kris och gewisen dat d Regierung vill fir seng Bierger an enger Zäit vun der Nout kann machen. An dat huet se och. Dëst wier awer net méiglech gewiescht wann net onzieleg Leit um lokalen Niveau matgehollef hätten.

Mir wëllen all deenen Schëfflenger en groussen MERCI soen déi sech an dëser Zäit selwer an Gefor bruecht hunn an sech fir d'Schëfflenger agesat hunn.



**D'DP Schëffleng begréisst en neien Member.**

D'Amela Skenderovic ass eng 25 Joer al Montenegrinesch Bosniakin dat zu Schëffleng opgewuess ass. Berufflech ass hat als Engleschen-seignante an engem Escher Lycée täteg.

D'Amela huet seng Studien zu London gemaach an huet och een Joer zu Madrid gewunnt. An dësen zwee Stied, huet et mat Flüchtlingen geschafft. Et ass virun allem un der Sproochen- and Integratiounspolitik interesséiert. Themen, esou ewéi Migratioun and Identitéit, verschafft et dacks an der Literatur, an et huet fir eng Kuerzgeschicht dëst Joer e Präis vum Editiounshaus Black Fountain Press gewonnen.

An senger Fräizäit baakt et gäre. D'Amela schwätzt 6 Sproochen fléissend.

Mir ënnerstëtzen den Opruff vun der Gemeng fir drun ze erarennen dat déi Blo PMC Sack, erreicht den Virowend vun der Sammlung erausgestallt solle ginn. Ze oft kréien mir matgedeelt dat an verschidden Quartier'en, wie zum Beispill an der Cité op Huddelen, d'Tuten méi laang matzen an der Strooss leien. D'DP Schëffleng géif hei och nach méi Ënnerstëtzung vun der Gemeng hoffen fir des Problematik an den Greff ze kréien.







**B.P. 11 Avenue de la Libération**
**L-3801**

info@schifflange.lu
**schifflange.lu**